

Mee ech mengen, datt et awer elo grad wichteg ass, datt mer d'Signal ginn. An duerfir och scho vläicht awer zu deem, wat duerno kënnt, déi „grands projets d'infrastructure“, wou et jo nëmmen drëm geet, der Regierung den Opdrag, also d'Erlabnis ze ginn, datt se Etüde ka maachen: Ech mengen, mir sollen och net an de Feeler verfalen, elo a Schockstarre ze setzen an ze mengen, et dierft een elo oder et sollt een elo näischt maachen. Dat wär grondfalsch!

Et muss ee just, menger Meinung no, de Contraire maachen a resolutt an d'Zukunft kucken, well déi Kris hei wäert eng Kéier eriwwer sinn. An dann, mengen ech, da solle mer och virbereet sinn, fir wann d'Kris eriwwer ass.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Bausch. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7382. Den Text steet am Document parlementaire 7382⁴.

Mir wäerten als Éischt zur Ofstëmmung vun deenen Deputéierte kommen, déi hei am Sall an op der Tribün sinn. Duerno komme mer dann zur Ofstëmmung vun deenen Deputéierten, déi an deenen anere Säll setzen, an dat ee Sall no deem aneren.

Ech wollt drop opmierksam maachen, datt den noutwendege Quorum, fir de Vott kënnen ze maachen, ginn ass. Mir maachen e Vote par appel nominal. Duerfir zéie mer fir d'Éischt deen Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer da mam Opruff an alphabetescher Reiefolleg virun. Ech bieden lech, Äre Mikro jeeeweils unzemaachen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7382 et dispense du second vote constitutionnel

Appel nominal (votes personnels des députés présents dans la salle des séances plénières et les tribunes)

Ech ginn elo an de Sall 4-5, fir datt och déi Deputéiert kënnen ofstëmmen.

(M. le Président et M. le Secrétaire général se déplacent vers la salle 4-5.)

Ech zéie fir d'Éischt den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer da fir den Opruff fir de Vott an alphabetescher Reiefolleg virun. Ech bieden lech, jeeeweils wann Der de Vott ofgitt, de Mikro unzemaachen. Mir fuere weider mam Ofstëmmen.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 4-5)

(M. le Président et M. le Secrétaire général se déplacent vers la salle 1-2.)

Ech zéien elo den Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken. Duerno fuere mer dann, wat den Opruff fir de Vott ubelaangt, an alphabetescher Reiefolleg weider. Mir fänken un.

Appel nominal (votes personnels des députés de la salle 1-2)

(M. le Président et M. le Secrétaire général retournent vers la salle des séances plénières.)

Ech bieden déi, déi e Vote par procuration wëlen ofginn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen. Ech ruffen dann een no deem aneren op.

Appel nominal (votes par procuration)

D'Resultat ass folgend: Dëst Gesetz ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galle, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Hansen), Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Gilles Roth), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Félix Eischen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen (par Mme Josée Lorsché), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

5. 7522 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État

Mir kommen elo zu enger Orientéierungsdebatt iwwert déi grouss Infrastrukturprojeten.

(Interruption)

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Aly Kaes, den Här Claude Lamberty, den Här Dan Biancalana, den Här Jeff Engelen, den Här David Wagner, den Här Marc Goergen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dëser Orientéierungsdebatt, den honorabelen Här Carlo Back.

Här Back, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics

► **M. Carlo Back (déi gréng), rapporteur.**- Här President, Här Minister, Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen de Mëtteg iwwert d'Document parlementaire 7522, den Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État.

Wéi Der wësst, geet et bei der Orientéierungsdebatt vun haut ëm déi grouss Infrastrukturprojeten, déi d'Regierung am Laf vun den nächste Jore wëllt ëmsetzen. Fir déi deemspriechend Etüden an natierlech och d'Projete kënnen ze realiséieren, muss d'Chamber fir d'Éischt hiren Accord de principe dozou ginn. Engersäits kréien d'Deputéiert domat méi Matsproocherecht beim Plange vun neien Infrastrukturprojeten, anersäits geet et awer och drëms, méi Transparenz an de finanzielle Suivi vun all Projet ze bréngen, esou wéi et am Joer 2005 vun der Budgetkontrollkommissioun festgehal e ginn ass.

Ënnert dës Prozedur falen zënter dem Joer 2009 sämtlech Projeten, déi e geschate Käschtepunkt vun zéng Milliounen Euro a méi wäerten erreechen. Doriwwer eraus muss bekanntlech fir all Projet vun iwwer 40 Milliounen Euro spéider e speziell Finanzéierungsgesetz ausgeschafft ginn, mat deem mir eis dann hei am Haus am Detail kënnen auserneeetzen.

Am Joer 2005 ass des Weidere festgehal e ginn, datt d'Budgetkontrollkommissioun de finanzielle Suivi vun deene groussen Infrastrukturprojete muss am A behalen. Dat bedeit, datt den zustänneg Minister der Kommissioun all sechs Méint e Rapport iwwert déi finanziell Evolutioun vun all Projet muss presentéieren, deen am Kader vun dëser Debatt accordéiert ginn ass.

Esou vill schonn emol zu der Prozedur, déi wéi gesot zënter gutt zéng Joer besteet. An ier ech awer elo déi 34 Projete virstellen, erlabeen ech mer als Rapporteur vun dësem Dossier, meng Introduktioun an de Kontext vun eiser aktueller Krisensituatioun ze stellen.

An der Kommissioun vun der Mobilitéit an den éffentleche Bauten hu mer dës Projeten an der Sitzung vum 6. Februar 2020 vun de verschiddenen Administratioune virgestallt kritt. Mir hu se analyséiert an diskutéiert, wéi d'Welt nach an der Rei war an d'Baggeren nach voll gerullt sinn. Mir sinn eis haut awer voll bewosst, datt mir nach eng Zäit mat dëser Gesondheetskris ze kämpfen hunn, déi net nëmme Mënscheliwwen a Gefor bréngt, mee och e groussen Impakt op d'Beträiber, op d'Wirtschaft an op d'Finanzen huet, an natierlech och op d'Leit.

Mir sinn eis alleguer bewosst, datt d'Baggere momentan net rullen. Trotzdeem wier et e schlecht Zeechen, jo, et wier esouguer kontraproduktiv, wa mer an dëser schwiereger Zäit net och no vir géife kucken, op d'Zäit no der Kris. Well och déi Zäit wäert kommen. Da wäerten d'Baggeren erëm am Asaz sinn. Et ass déi Zäit, wou mir eis nees ëm d'Entwécklung vum Land këmmere kënnen a këmmere mussen. A fir dës Entwécklung nohalte ze gestalten, brauche mer déi néideg Infrastrukturen, quitte datt hire Financement eis krisbedéngt virun eng Rei Erausfuerrunge wäert stellen.

Här President, ech kommen dann elo zu deenen neie Projeten, 34 un der Zuel. Wann ee sech déi Lëscht méi genee ukuckt, stellt ee fest, datt de Spektrum vun de Projete ganz breet gestreet ass. Dat geet vum Gesondheetsberäich iwwert d'Strukture fir den éffentlechen Déngscht, d'Polizei, Schoulen an Transportinfrastrukture bis zum classesche Brécken- a

Stroossebau an dem néidegen Ënnerhalt vu Strukturen, déi e bëssen an den Alter komm sinn.

Mat de 34 Projete vun haut geet et deemno konkret ëm Milliouneninvestitiounen an effikass staatlech Servicer, an d'Education, an de sozialen Zesummenhalt, an d'Sécherheet, an d'Mobilitéit an an den Naturschutz.

Eng vun de grouse Prioritéiten ass, wéi gesot, och dëst Joer nees d'Verbesserung vun der Mobilitéit, dat heescht beim éffentlechen Transport, bei der Mobilité douce respektiv „active“ a bei der Verbesserung vun de Stroosseninfrastrukturen, fir de Verkéier méi flëssig ze maachen an d'Sécherheet op de Stroossen ze verbesseren.

Ech presentéieren lech dës Projeten haut an enger gekierzter Faassung. Weider Detailer konnt Der jo a mengem schrëftleche Rapport nolieschen.

Deen éischte Projet betrëfft d'Transformatioun vum Birelerhaff an der Gemeng Sandweiler, deen zënter 2001 als nationaalt Monument klasséiert ass an 2009 vum Staat kaaft gouf. Dëse Projet gëtt och vum Fonds d'investissements publics administratifs financéiert. Hei soll d'Brigade canine vun der Douane, déi ongeféier 70 Leit begräift, ënnerbruecht ginn. Dës Unitéit ass de Moment nach a provisoersche modulare Struktur baussent dem Haff ënnerbruecht.

Den zweete Projet betrëfft d'Polizeigebai zu Wolz. Op dem Site vum Polizeikommissariat an der Avenue Nicolas Kreins, dee 24 Ar grouss ass, soll en neit Commissariat gebaut ginn. D'nieft gesäit dëse Projet awer och de Regroupement vu weidere staatleche Servicer op dëser Plaz vir, wéi zum Beispill dem Enregistrement, der Steiervverwaltung a verschidde Servicer vum Educatiouns- a Jugendministère.

Beim drëtten Projet geet et ëm den Terrain vu ronn 30 Ar, deen zu Gréiwemaacher hannert der Sportshal vum Lycée läit. Hei bitt sech d'Geleeënheet, en neit administratiiv Gebai an och eng Schwämm fir de Maacher Lycée opze-richten. Grad ewéi zu Wolz soll d'Gebai och hei fir e Regroupement vu staatleche Servicer an Administratioune genotzt ginn. Dat wäeren den aktuelle Plang no d'Steieramt, den Enregistrement, de Service national de la jeunesse an den Office national de l'enfance.

D'Sécherheitsmoosname vun der NATO a vun der EU verlaangen eng Verbesserung vum Sécherheitsniveau vun de Gebai a vum 7,4 Hektar grouse Site vum Senninger Schlass, wou jo mat klassifizéierten Informatiounen geschafft gëtt. Ënner anerem soll den Zonk ronderëm de Site op enger Längt vun 1,4 Kilometer mat neier Detektiounstechnologie ekipéiert ginn, eng besser Zougangskontroll en place gesat ginn an en zousätzleche Visiteurs- a Personalparking ausserhalb vun der Enceinte bäikommen.

E weidere Projet op deem selwechte Site betrëfft de Centre de communications vun eiser Regierung. Hei ass virgesinn, fir dat besteeënd Gebai, dat nach aus de 50er-Joren datéiert, nei opzebauen, fir zemoos den aktuelle sécherheits- an energietechneschen Norme kënnen gerecht ze ginn. Während dem Chantier bleiwen déi elo besteend Fonctiounen als nationale Kommunikatiounszentrum vun der Regierung natierlech operationell a ginn a Containerstrukturen ënnerbruecht.

Beim sechsten Projet geet et drëms, déi besteeënd Infrastrukturen, déi noutwendeg sinn, fir eis zukünfteg Polizisten ze forméieren, op engem eenzege Site um Verluerekascht ze regroupéieren. Déi Formatiounsstrukture sinn de Moment nach op verschiddene Sitte verspree. Déi nei Polizeischoul ass virgesinn um aktuelle Formatiounssite nient dem aktuelle Polizeizentrum, dem Bâtiment Curie. Hei solle souwuel Administratioun, Logistik a Formatiounssäll vun der Schoul ënnerbruecht ginn, wéi och den nationale Polizeitaktikzenter, ee Sportszenter, en Dokumentatiounszenter an och nach e Parking fir d'Camionnetten, déi noutwendeg sinn, fir d'Schüler ze transportéieren. En vue vun dësen Aarbechte gëtt um Verluerekascht och eng provisoersch Struktur fir 580 Schüler a Stagiairen amenagéiert, soudatt d'Schoul ka weider fonctionéieren.

Fir den nächste Projet gi mer eriwwer op d'Starter Gare bei d'Rotonden. Dëse Site vu ronn engem Hektar zu Bouneweg tëschent der Gare an der Rode besteet aus zwee ronne Gebai, wou fréier Lokomotiven ënnergestallt goufen. Op dësem historiesche Site gi reegelméisseg kulturell Manifestatiounen ofgehalen, mat ronn 100.000 Visiteuren am Joer. Eng vun de Rotonden, d'Rotonde Nummer 1, ass scho renovéiert ginn.

Bei der Rotonde 2 ass elo eng Rénovation douce virgesinn. Hei ass eng grouss oppe Surface mat enger Konstruktioun an d'Héicht virgesinn. D'Black-Box-Gebai tëschent den zwou Ro-

tondë gëtt vergréissert an eng Kiche mat Restaurant gëtt hei installéiert. D'Rotonde 1 kritt zousätzleche Stockageraum amenagéiert an d'Bünenekipement gëtt adaptéiert, fir an Zukunft och zirkusänlech Evenementer hei ze erméiglechen.

De Schéissstand am Bleesdall, dee sech op ongeféier 14 Hektar bei Houschent ausdeent, ass deen eenzege staatleche Schéissstand am Fräie fir multipel Schossaarten. Niewent der Arméi gëtt dësen och vun der Polizei an der Douane benotzt. D'Renovatioun, déi ënner anerem aktuell Sécherheitsnorme vun der NATO respektéieren a modern Enseignementsmethoden erméigleche soll, wäert follgend Installatiounen begräifen: e Schéissstand iwwer 400 Meter Distanz, zwee separat Schéissstänn fir kuerz Distanze vu 50 respektiv 25 Meter, een zouene Schéissstand speziell fir d'Polizei an ee Site fir Explosiven.

De militäresche Camp vum Waldhaff ass ongeféier 82 Hektar grouss a läit an enger Natura-2000-Zon. De Site, op deem zanter 1964 e Munitionssdepot ugesidelt ass, regroupéiert ongeféier 30 Hangaren. Hei ass eng déif gräifend Renovatioun noutwendeg, well dës Gebai net méi konform si mat den haitegen Normen a Standarden. Déi al Munitionshangare sollen zum gréissten Deel ofgerappt ginn an duerch nei Lagerstrukture vum Typ IGLOO ersat ginn. Gläichzäit gëtt vun der Geleeënheet profitéiert, fir ronn 10 Hektar manner Terrain ze verbrauchen, wat et éischters erlabe wäert, de Sécherheitsperimeter vum Areal ëm en hallwe Kilometer op just nach 1,9 Kilometer ze reduzéieren, an zweetens dem Gréngewald respektiv der Allgemengheet nees Fläch zrëckze- ginn.

Eisen zéngte Projet ass den Huelmesser Jugendzentrum. Dëse Site begräift souwuel eng Jugendherberg wéi och de Centre écologique fir Jugendlecher am Huelmesser Schlass plus e Park vu ronn 70 Ar. D'Jugendherberg, déi an de 60er-Joren do installéiert gouf, an och déi aner Gebai sollen ëmgebaut, renovéiert a vergréissert ginn. Fir d'Jugendherberg ass virgesinn, eng 30 Véier-Bett-Schlafkommere mat Buedzëmmer ze amenagéieren. Dozu kommen nach e grouse Refectoire, eng Cafeteria, eng Kichen, e Versammlungsraum fir 50 Leit an divers aner Raimlechte fir Büro a Stockage. Am Schlass an am Buergrfid, oder och nach Donjon genannt, sinn des Weideren nei Raimlechte fir Workshopen an Ausstellungen virgesinn.


An da komme mer nees zrëck an d'Stad, op de Lampertsbiërg. Hei geet et drëms, de Projet „Jugendwunnen“ ëmzesetzen, wou Jugendleche Wunnengen zu méi gënschtege Präisser zur Verfügung gestallt ginn.

De Moment gëtt et an der Stad an och an der Émgegend keen Internat fir Kanner aus der Grondschoul. Et gouf awer festgestallt, datt insgesamt ëmmer méi Kanner a Jugendlecher an engem Internat wunnen, sief dat aus schoulesche Grënn, weinst Verhalensproblemer oder weinst enger konfliktueller familiärer Situatioun. Fir deemno méi Jugendlechen aus dëse Gruppen ze erméiglechen, an engem Internat ze liewen, soll deen ale Seminär um Lampertsbiërg um Universitëitscampus ëmgebaut ginn. An dësem Gebai, wat zënter 2018 och als Monument national klasséiert ass, si ronn 40 Logementer fir Schülerinnen a Schüler tëschent 18 a 24 Joer virgesinn. De Projet beinhalt och de Bau vun e puer Klassenäll a vun enger Structure d'accueil fir Schülerinnen a Schüler aus dem Fundamental.

An da komme mer bei d'Schoulinfrastrukturen. D'Annex „Alliance“ vum Diddelenger Lycée Nic-Biever ass benannt no deem bekannte fréiere Foussballclub aus dem Quartier Italien a läit am Frankelach. Déi hei geplangten Erweiderung besteet aus zwee Deeler: engersäits ee Volume mat zousätzleche Klassenäll an Atelierien, engem Informatiksall, engem Konferenzsall a weidere groussen a klengen Raimlechteen, anersäits eng grouss Sall polyvalente mat verschiddenen Annexen.

An der Stad ass virgesinn, nom Haaptgebai elo och d'Sportshal vum Athénée um Campus Geesseknäppchen ze renovéieren. Nodeems dëse 60er-Jore-Bau fir d'lescht Ufank den 90er déif gräifend renovéiert gouf, ass et elo nees un der Zäit, dës Sportshal a Konformitéit mat deenen aktuellen Normen a Standarden ze bréngen.

Ëm direkt néng Sportshalen, eng Schwämm mat 50-Meter-Baseng, zwee Sportterrainen, een Internat an ee Schoulgebai geet et beim Projet Nummer 14, dem neie Sportslycée zu Mamer. Den aktuelle Sportslycée um Fetschenhaff an der Stad ass ze kleng an net méi adaptéiert un d'Besoinen vun esou enger Schoul. Den zukünftege Site vu ronn 9,5 Hektar läit zu Mamer hannert dem Lycée Josy Barthel, nient dem Europaschoul. Hei sollen all déi néideg Strukturer fir esou e Lycée op engem eenzege Site zesummebruecht ginn, inklusiv engem Internat mat ronn 60 Better.



Zu Jonglënster ass geplangt, hannert dem Lënster Lycée op enger Surface vu ronn 1,4 Hektar eng École européenne agréée fir 320 Kanner aus dem Fondamental ze bauen. Eng agreéiert europäesch Schoul ass keng klassesch Europaschoul, mee eng national Schoul, déi par convention pédagogique d'Exigence vun den Europaschoule respektéiert. An deem Sënn bitt de Lënster Lycée jo och schonn eenzel europäesch Klassen am Secondaire un. Dëse Projet beinhalt ënner anerem 24 Klassen- an Unterrechtssäll, fënnef Spezialsäll, eng Structure d'accueil mat Restaurant, Bibliothék a ronn 15 Aktivitéitsäll. An derbäi kommen dann natierlech nach administrativ Raimlechkeeten, Sportsinfrastrukturen, Preau, Schoulhaff, Spillplazen, Parking an esou weider.

No de Schoulinfrastrukture komme mer elo bei dräi Projeten, déi ënnert de Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux falen. Do hätte mer fir d'éischt emol e Projet am Kader vum staatleche Kannerheem zu Schëffleng. Op ronn 12 Ar gesäit dëse Projet engersäits de Bau vun engem Foyer fir mannrjäreg Jugendlecher vir. Anerersäits sollen hei awer och weider Fonctionnalitéite fir d'staatlech Kannerheemer vu Schëffleng an Diddeleng erméiglecht ginn. An deem Sënn sinn och e Foyer orthopédagogique fir acht Kanner, en Appartement fir Eltere-Kanner-Visitten, Raimlechkeete fir de psychologesche Service vum Kannerheem an nach e multifonctionnelle Sall virgesinn.

Déi momentan Structure d'accueil fir Demandeurs d'asile an de Gebaier vum fréiere Centre de logopédie zu Stroossen hannert dem Centre hospitalier an der Stad wäert deemnächst ofgerappt ginn, fir Plaz fir deen neien LTPS, de Lycée technique pour professions de santé ze maachen. Den Objet vun eiseem Projet Nummer 17 ass deementspreechend, eng alternativ Struktur fir d'Demandeurs d'asile ze schafen. Dës nei Struktur soll op der Areler Strooss an der fréierer Jaguarsgarage, no bei der Kräizung vun der Maternité an dem CHL, entstoën. Et geet ëm e Centre de primo-accueil mat ongeféier 258 Better, Gemeinschaftssäll, Kichen, Sanitäranlagen a Raimlechkeete fir d'Verwaltung, den Encadrement an d'Surveillance.

An da sprang mer bei d'Energiezentral vu Rouspert, déi iwwer e Säitekanal vun der Sauer gespeist gëtt. Bei dësem Projet geet et ëm Aarbechten, déi sollen dozou bäidroen, datt d'Fësch sécher vum ieweschten Deel vun der Sauer an deen ënneschten Deel schwamme kënnen, a Konformitéit mat där europäescher Waasserramrichtlinn. Notamment soll verhéinert ginn, datt d'Fësch an d'Turbine vum Stauwierk geroden. Fir dës Ziler ze erreechen, sinn ënnerschiddlech Strategien méiglech. An deem Sënn wäerten an enger éischter Phase vier ënnerschiddlech baulech Moossnamen am Detail studéiert ginn.

Als Nächst komme mer bei Projete vum Fonds des routes. En éischte Projet schreift sech an de Kader vun der Entwécklung vun nationaler Vëlospistennetz an. Et geet hei ëm den Ausbau vun der PC8 am Süde vum Land, déi d'Uertschafte laanscht d'franséisch Grenz matenee verbanne soll. De konkreete Projet, deem mer haut sollen eisen Accord de principe ginn, betrëfft den Deel tëschent dem Quartier Esch/Belval an dem Zentrum vun Esch/Uelzecht. Et geet deemno ëm eng héichwäerteg an attraktiv Vëlosverbindung tëschent zwee wichtege Polen, déi laanscht wäertvollen Ëmwelt- a Kulturopatrimoine féiert, speziell den historeschen Industriepatrimoine. D'Streckenaarbechte sinn op fënnef Tronçonnen opgedeelt an et gëtt natierlech versicht, fir esou vill wéi méiglech fir d'Kulturjoer 2022 fäerdeg ze hunn.

Beim 20. Projet vun eiser Lëscht geet et ëm d'Amenagement am Kader vum Projet „Wunne mat der Wootz“. Dësen ambitiëse Projet huet d'Zil, déi al industriell Frichë laanscht d'Wolz an en neie Quartier mat ronn 1.000 Wunnengen ëmzebauen. De Projet besteet aus zwee Masterpläng fir en Areal vun insgesamt ronn 34 Hektar.

Fir dës Urbaniséierung an d'Praxis ëmzesetzen, muss fir dëse Quartier natierlech och e Stroossennetz an e Vëlosnetz entwéckelt ginn. Dëst Stroossennetz soll optimal mam besteeënden Netz verbonne ginn an eenzel Stroosse mussen deementspreechend verluecht an ëmgebaut ginn. Eng vun den neien Ubannungsstroosse soll iwwert den Tracé vun engem CFL-Manöveriergleis féieren. Dat bedeit, datt de Fonctionnement vun der CFL-Gare vu Wolz fir d'éischt muss adaptéiert ginn. Zu dësem Projet vu Ponts et chaussées gehéiert do derniewent och nach den Ausbau vun der nationaler Vëlospist PC20, soudatt engersäits de Wolzer Lycée du Nord mat der Gare verbonne gëtt an anerersäits deen neie Wunnquartier direkt eng gutt Vëlosubannung kritt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Carlo Back** (déi gréng), rapporteur. - De Projet „NeiSchmelz“ zu Diddeleng gesäit eng

Rekonversioun vun den alen Industriefrichen am Süde vun Diddeleng an e Wunnquartier vir. An dësem Kader mussen e Reamenagement an deelweis och en Déplacement vun der Route de Thionville, dem CR190, op enger Längt vun zwee Kilometer virgeholl ginn, dëst vum Zentrum vun Diddeleng bis zur franséischer Grenz. Fir eng optimal Ubannung mussen verschidden Ouvrage-d'arten demontéiert an nei opgebaut ginn. Bei dësem Stroossebauprojet gëtt natierlech och d'Mobilité douce integréiert.

Vun Diddeleng sprang mer dann nees Richtung Norden op Colmer-Bierg. Den Ouvrage d'art Nummer 232, dëst ass d'Bréck, déi d'N7 iwwert d'Eisebunnsliin féiert, ass an engem schlechten Zoustand. Déi lescht Analysen hunn erginn, datt eng Renovatioun net méi duergeet, mee datt déi ganz Bréck muss erneiert ginn. Dësen Ouvrage d'art ass 1960 gebaut ginn a war deemools vum Point de vue Engineering hier ee vun de remarkabelste Projeten, duerch seng Komplexitéit allerdéngs och ee vun de vulnerabelsten. Vu datt d'Nationalstrooss N7 en Itinéraire bis vun der Autobunn A7 op der Héicht vu Colmer-Bierg ass, kann dës Streck net iwwer länger Zäit zougemaach ginn. Während den Aarbechten ass dofir eng provisoresch Ersatzbréck virgesinn.

Beim nächste Projet geet et drëms, den Autobunnsechangeur vum Cargocenter um Findel nei ze amenagéieren. D'Autoen an d'Bussen, déi vun Tréier kommen, sollen an der Zukunft d'Zon vum Flughafen an de Park & Ride vum Héienhaff erreche kënnen, ouni iwwert den Echangeur vum Senningerbierg ze fueren. D'Zil vum Projet ass et, de Verkéiersfloss ronderëm de Flughafen an d'Echangeuren ze verbessern an d'Attraktivitéit vum zukünftege Pôle d'échange Héienhaff an dem ëffentlechen Transport ze erhéien.

De Projet gesäit ënner anerem vir, datt d'Ausfaart vun der Autobunn A1, wann ee vun Tréier kënnt, verlängert a mat enger zousätzlecher Spuer erweidert gëtt. Iwwert dës zousätzleche Spuer kënnen d'Gefierer dann direkt vun der A1 beim Echangeur Cargocenter eroffueren a ginn direkt iwwer eng Fly-over-Bréck vu ronn 120 Meter Längt op déi aner Säit vun der Autobunn bruecht. Hei solle se dann iwwer eng Parallelstrooss zur Autobunn bis zum Héienhaff respektiv Flughaf bruecht ginn. Dëse Fly-over wäert de Kreesverkéier Cargocenter daitlech entlaaschten an de Verkéiersfloss verbessern.

Beim 24. Projet vun eiser Lëscht geet et drëms, fir d'Afféierung vun enger Bande de covoiturage op der A6, der Areler Autobunn, ze analyséieren a virzebereden. Konkreet geet et drëms ze kucken, wéi een de belsche Pilotprojekt „Bande de covoiturage latérale Arlon-Grand-Duché de Luxembourg“, dee bis op d'Grenz geet, op Lëtzebuerger Säit verlängere kann.

Vu datt mir vill Aus- an Opfaarten op dëser Autobunn hunn an och Echangeuren, kann de belsche Pilotprojekt net eent zu eent iwwert d'Lëtzebuerger A6 verlängert ginn. Fir eng effikass Priorisatioun vum ëffentlechen Transport a vum Covoiturage op Lëtzebuerger Säit sinn deemno eng ganz Rei vun Adaptatiounen néideg: d'Modulatioun vun der Vitess, d'Accèsen op d'Autobunn mussen reguléiert ginn, Begrenzungsméiglechkeete fir d'Benotzung vun der Bande d'arrêt d'urgence fir Covoiturage nëmme während de Spëttestonnen, Upassunge vum Code de la route an natierlech den Amenagement vun neien Nouthaltebuchten an engem Ofstand vu 500 bis 1.000 Meter fir déi Zäit, wou d'Pannespuer fir de Covoiturage op ass. Dëse Projet iwwert d'Notzung vun der Bande d'arrêt d'urgence géif kombinéiert gi mat Assainissementsaarbechten an der A6, déi souwiso ustinne.

Deen nächste Projet schreift sech an de Projet vun der Stad Lëtzebuerg fir d'Péitruess ze renaturéieren an. Dës Renaturéierung gëtt vun der Stad Lëtzebuerg an zesummenaarbecht mam Ëmweltministère gemaach. De Projet integréiert dës Weideren och Kompensatiounsmoossnamen, déi noutwendeg goufe weinst de Renovatiouns- an Extensiounsaarbechten un den zwou Brécken, dem Pont Adolphe an dem Viaduc „Passerelle“. An der Péitruess ginn ënner anerem eng Rei Brécken, zwou fir Autoen a véier fir Foussgänger, gebaut respektiv neigemaach. An et gi Weeër fir d'Mobilité douce, Aires de repos a Spillplazen ugeluecht.

Beim 26. Projet geet et ëm en Depot um Findel fir Kerosinn fir d'Fliegen. Dëse Projet ass schonns programmiert an engem Budgetartikel 50.8.73.070. De pluriannuelle Budget 2019 bis 2023 gesäit fir dëse Projet à ce stade 35 Milliounen Euro vir.

Dann zum Fonds du rail: Wann den Tram op der Place de la Gare ukënnt, soll d'Gare als e richtege Pôle d'échange multimodal fonctionnieren. Am Kader vun dësem Projet gëtt dee Moment de Parvis vun der Gare komplett nei amenagéiert, well jo keng Busse méi virun der Gare zirkuléieren wäerten.

Als Ergänzung zum Projet vun der Ëmgestaltung vum Parvis betrëfft e weidere Projet vun

eiser Lëscht de Sous-sol. De Planungen no gëtt d'Gare routière vun de Busse vun der Stad Lëtzebuerg virum CFL-Gebai fräi. Dës Plaz soll dee Moment benotzt ginn, fir e grëssert ënnerirdesch Parkhaus fir Vëloen ze bauen.

Den 29. Projet vun der Lëscht viséiert de komplette Reamenagement vum westlechen Deel vun der Rodanger Gare. Mam selwechte Projet soll gegebenefalls och de Réseau tertiaire adaptéiert ginn am Kader vum Schinnenuschloss vum envisagéierten neie Centre de remisage et de maintenance an där zukünfteger Zweegleisegkeet tëschent Rodange a Mont-Saint-Martin. Ee vun de Problemer, deen hei ze léisen ass, ass d'Topografie respektiv den Héichtenënnerschied tëschent deene verschiddene Gleisstrecken aus Frankräich an der Belsch.

Et ass virgesinn, de Fierpark vun der CFL an den nächste Joren daitlech ze vergréisseren. Deen aktuelle Centre de remisage et de maintenance um Houwald kann awer net méi vergrëssert ginn. D'Léisung ass dofir de Bau vun engem zweete Centre de remisage et de maintenance am Süde vum Land, respektiv zu Rodange. Dëst CFL-Areal ass ganz favorabel, well et éischters fräi ass a genuch Plaz bitt, well et zweetens geografesch gutt läit, um Enn vun zwou grouse Linnen, a well et drëtzens ganz no um aktuelle Schinnereseau ass.

Par Motioun hat d'Chamber am November 2014 de prinzipiellen Accord ginn, fir datt an der Rue de la Déportation zu Hollerech en neit Gebai kéint gebaut ginn, wou dat sämtlecht Personal vum Service Maintenance Infrastructure regroupéiert géif ginn, dat heescht souwuel déi administrativ wéi och déi technesch Mataarbechter. Dat huet sech awer am Nachhinein vun der Plaz hier als onméiglech erweisen. Dofir ass elo de Bau vun engem neie Gebai just fir déi technesch Ekippen an d'Ateliere vum Service Maintenance Infrastructure virgesinn.

De Corollaire vum virgenannte Projet ass dann, datt dat besteeënd administratiiv Gebai an der Rue d'Alsace soll bäibehalen an nei amenagéiert ginn. Hei soll dee Moment just dat administratiiv Personal vum Service Maintenance Infrastructure regroupéiert ginn.

Bei eiseem virleschte Projet geet et ëm d'Modernisatioun vun insgesamt 292 analoge Servicetelefone (veullez lire: 292 analoge Servicetelefone an Telefone) bei de Barriären. Dës sollen op der Nordstreck tëschent Elwen an der Stad duerch digital Telefonen ersat ginn.

An da kommen ech zum leschten envisagéierten Infrastrukturprojekt vun haut, dem Déplacement vun der Zuchhaltestell zu Mäertert. Den Arrêt zu Mäertert soll geréckelt a moderniséiert ginn. Ënner anerem ginn d'Accèsen op d'Quaie mat Rampen a Lifter un d'Besoinen vun de Personnes à mobilité réduite ugepasst an d'Accès ginn och iwwerdaacht. Des Weideren ass e verlängerte Quai vun 250 Meter mat Abri-voyageure virgesinn, genee wéi och zwou mBoxen, fir d'Vëloen ënnerzestellen. Och e Park & Ride mat 43 Stellplazen an en neie Busarrêt si programmiert.

Esou vill zu de 34 Projeten, zu deenen natierlech eng ganz Rëtsch méi Informatiounen a mengem schrëftleche Rapport stinn an déi och ganz detailléiert an der Kommissioun virgestallt an diskutéiert gi sinn.

D'Kommissiounsmemberen hunn an der Sitzung vum 5. Mäerz 2020 hiren Aval zum virleiede Rapport ginn a proposéieren der Pleinière, eebefalls hir Zoustëmmung zum weideren Ausschaffe vun dëse 34 Projeten ze ginn.

An deem Sënn iwwerreechen ech lech, Här President, eng deementspreechend Motioun. Wannechgelift!

Motion 1

« *Financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État* »

La Chambre des Députés,

vu, d'une part

- la nécessité de garantir une transparence optimale lors de l'élaboration des grands projets d'infrastructure ;

- la volonté du Gouvernement d'assurer la définition, la conception et la mise en œuvre d'une politique intégrée en matière d'aménagement du territoire, de réseaux de transports et de bâtiments publics ;

vu, d'autre part

- l'avis de la Cour des comptes sur l'adaptation du budget voté des grands projets d'infrastructure du 22 mars 2001 ;

- la motion de la Chambre des Députés du 29 janvier 2002 prise suite à la présentation de l'avis précité ;

- les propositions des groupes parlementaires au sujet d'une amélioration des procédures permettant d'éviter les dépassements des coûts des grands projets d'infrastructure dans le futur,

transmises en date du 12 avril 2005 par Monsieur le Président de la Chambre des Députés à Monsieur le Premier Ministre ;

vu la nouvelle procédure à suivre en matière de préparation et de présentation des grands projets d'infrastructure adoptée en date du 3 avril 2006 par la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes sur proposition de Monsieur le Ministre des Travaux publics et dont les points principaux ont été repris dans une motion « Grands projets d'infrastructure Travaux publics » du 23 octobre 2008 ;

considérant que ladite procédure répond aux préoccupations exprimées dans la motion précitée du 29 janvier 2002 ;

vu la motion du 13 mai 2009 de la Chambre des Députés invitant le Gouvernement à veiller à ce que ces procédures soient appliquées, mutatis mutandis, par tous les départements ministériels lors de la mise en œuvre de projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros ;

vu la liste des projets d'infrastructure susceptibles d'atteindre un coût d'au moins 10 millions d'euros, à soumettre à l'approbation de la Chambre des Députés en vue de l'autorisation pour l'imputation des dépenses pour frais d'études et d'élaboration d'un avant-projet détaillé (APD) à charge du département des Travaux publics et du département de la Mobilité et des transports du Ministère, présentée lors de la réunion du 6 février 2020 de la Commission de la Mobilité et des Travaux publics ;

considérant que suite aux informations détaillées fournies par les responsables du Ministère de la Mobilité et des Travaux publics et de la Société nationale des chemins de fer luxembourgeois, la Commission de la Mobilité et des Travaux publics a avisé favorablement chaque projet de la liste présentée ;

marque son accord à l'élaboration des études nécessaires à la réalisation des projets en cause à partir de l'exercice budgétaire 2020 afin de garantir les objectifs suivants :

A. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics administratifs :

1. Transformation Bireler Haff - Section canine de la Douane
2. Police et bâtiment administratif à Wiltz - nouvelle construction
3. Bâtiment administratif et piscine du Lycée à Grevenmacher
4. Château de Senningen - mise en sécurité du site et aménagement parking
5. Château de Senningen - nouvelle construction du bâtiment pour le Centre de communications du Gouvernement
6. École de Police à Verlorenkost
7. Rondes à Luxembourg - 2^e phase
8. Stand de tir au Blesdall
9. Camp militaire au Waldhaff
10. Centre de jeunesse à Hollenfels

11. Logements pour jeunes dans l'ancien séminaire et construction d'une structure d'accueil pour l'enseignement fondamental au Limpertsberg

B. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics scolaires :

12. Lycée Nic-Biever à Dudelange - extension de l'annexe Alliance
13. Athénée de Luxembourg - assainissement du hall des sports
14. Sportlycée - nouvelle construction à Mamer
15. École européenne agréée - nouvelle construction à Junglinster

C. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds d'investissements publics sanitaires et sociaux :

16. Maison d'enfants de l'État - structure d'encadrement à Schifflange
17. Structure d'accueil pour demandeurs de protection internationale - Route d'Arlon à Luxembourg
18. Infrastructures de descente pour poissons - Barrage de Rosport

D. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds des routes :

19. PC8 entre Belval et Esch-sur-Alzette avec ouvrages OA1498/OA1499
20. CR329/CR329A/N26A dans le cadre du pro-



jet « Wunne mat der Wootz » (friche industrielle à Wiltz)

21. CR189/CR190 à Dudelange dans le cadre du projet « NeisSchmelz »

22. Remplacement d'un pont à Colmar-Berg - OA232

23. Réaménagement de l'échangeur Cargo-Center

24. Bande de covoiturage sur la bande d'arrêt d'urgence sur la A6

25. Renaturation de la Pétrusse

E. En ce qui concerne le champ d'intervention relatif à l'article budgétaire 50.8.73.070 :

26. Construction d'un dépôt de carburant aviation à l'aéroport de Luxembourg

F. En ce qui concerne le champ d'intervention du Fonds du rail :

27. Gare de Luxembourg - adaptation du parvis dans le cadre de la desserte par le tram

28. Gare de Luxembourg - aménagement d'un parking à vélos souterrain à grande capacité

29. Gare de Rodange - réaménagement de la tête ouest

30. Construction d'un nouveau Centre de remisage et de maintenance (CRM) à Rodange, CRM Sud phases 1 & 2

31. Construction d'un nouveau bâtiment pour les équipes et ateliers du Service Maintenance Infrastructure sur le site de Luxembourg

32. Réaménagement du bâtiment administratif existant du Service Maintenance Infrastructure à Luxembourg

33. Ligne de Luxembourg à Troisvierges et antennes - modernisation du réseau des téléphones de service en campagne

34. Ligne de Luxembourg à Wasserbillig - déplacement du point d'arrêt Mertert

(s.) Carlo Back, Dan Biancalana, Jeff Engelen, Aly Kaes, Claude Lamberty, David Wagner.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci.

► **M. Carlo Back** (*déi gréng*), *rapporteur*.- Si ass vu sechs Fraktiounen a politesche Sensibilitäten heibannen ënnerschiwwen a si fuerdert d'Regierung op, déi néideg Etüden ze lancéieren, fir datt déi ernimmte Projekte kënnen ëmgësat ginn. Dës Projeten erlaben et eis, fir eist Land an ettleche Beräicher op d'Zukunft virzubereeden. Wéi virdru gesot, sinn eng ganz Rei Secteure vun dësem Projet betrafft.

Duerfir ginn ech och hei am Numm vun der grénger Fraktioun schonn direkt den Accord fir dës Motioun.

Ech wëllt awer zum Schluss nach de Responsable vum den CFL, de Ponts et chaussées an der Administration des bâtiments publics e grouse Merci ausdrécken, déi eis ganz detailléiert a kompetent Ried an Antwort an der Kommissioun gestanen hunn. Dann awer och e Merci un d'Madamm Tania Sonnetti, eis Kommissiounssekretärin, déi eis bei dëser Aufgab ënnerstëtzt huet.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Back.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Aly Kaes agedroen. Här Kaes, Dir hutt d'Wuert.

Débat

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Merci, Här President. Ech wëll direkt ufänken, fir dem Här Back, dem Rapporteur an och dem President vun der Mobilitéitskommissioun, villmools Merci ze soe fir deen extreem detailléierte mëndleche Rapport, deen e gemaach huet. An en huet jo gesot, an dat stëmmt och, an deem schrëftlechen Deel ass en nach vill méi explizitt, soudatt et sech eriwregt, nach eng Keier - Dir sidd jo domadder d'accord? - op déi eenzel Projeten anzegoen.

Jo, mir sinn an enger Prozedur zënter Mëtt 2005, also 2005/2006, wou u sech am Hierscht sollen allkéiers déi „grandes infrastructures“ presentéiert ginn, ier dann eng Etüd iwwert déi eenzel Projekte soll gemaach ginn. Ben, eise President vun der Kommissioun huet dat elo exemplaresch gutt gemaach. Hien hat just bal vergiess, et op den Ordre du jour ze setzen, nodeems datt awer den Här Minister, deen ech bieden, elo wierklech dat och esou hei zur Kenntnis ze huelen, dat wierklech zurzäit eraginn hat.

Mee den Här Back hat iergendwou vergiess, et op den Ordre du jour ze setzen. En huet dat

och selwer gesot. An duerfir huet natierlech och d'CSV déi Entschëllegung ugeholl. Kee Problem! Mee gutt wier awer, wa mer erëm an en normalen Zenario an der Zukunft géife kommen, soss musse mer jo awer vläicht eng Keier do higoen, fir d'Prozedur nach eng Keier ze änneren an all zwee Joer nëmmen iwwert déi „grandes infrastructures“ ze schwätzen, fir datt een da weinstens ee Joer zurzäit déi Prozedur u sech presentéiert.

Da wëll ech awer soen, datt mer natierlech, wa mer dat jo am Hierscht scho gemaach hätten, dann nach näischt vun där Kris, déi mer haut kennen, kannt hätten. Mir sinn alleguerten d'accord, datt déi Projeten do enorme Sënn maachen an datt déi Projeten awer och derzou bäidroen, datt ... Jo, et soll ee scho kucken, wat fir eng Prioritéiten datt ee setzt, awer et soll ee kucken, esou vill wéi méiglech déi Projeten esou schnell wéi méiglech och ëmzesetzen, fir datt se an der Zukunft, no der Kris, eise Betreiber awer och iwwert dee Wee, mengen ech, ënnert d'Aerm gräifen. Ech mengen, dat soll hei ganz kloer gesot sinn.

Dann ass et awer vläicht e Wunsch: Et ass kloer, datt et eréischt Etüde ginn zu deenen eenzelne Projeten. Datt een also do net weess, wat deen eenzelne Projet wierklech am Detail kascht, dat ass an der Rei. Mee tëschent 10 an 39 Milliounen - well bei 40 muss ee jo e Gesetz maachen - ass awer eng enorm Spann. An et wier vläicht gutt, wann een an der Zukunft eenegermoossen eng Gréisstenuerdnung vun deenen eenzelne Projekte kéint kréien, fir datt een awer eng besser Gesamtüwersiicht als Chamber hätt zu der Envergure, wat déi Projeten all zesummen awer plus ou moins wäerte kaschten.

Dat gesot, bleift mer näischt aneschtens iwwreg, wéi nach eng Keier villmools Merci dem Rapporteur ze soen an den Accord vun der CSV-Fraktioun ze ginn.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Kaes.

Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Lamberty** (*DP*).- Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, eigentlech wollt ech meng Ried ufänke mat der Feststellung, dass Lëtzebuerg en dynamescht Land ass, dat wisst, dat sech entwéckelt, an dass et dofir och Infrastrukture brauch, déi un dës Besoinen ugepasst sinn. Déi Introduktioun wär virun zwou Wochen als eng ganz normal Introduktioun ugesi ginn. Haut musse mer allerdéngs do de Kontext ëm eng Variabel ergänzen an déi Variabel heescht „Coronapandemie“.

Zanter méi wéi zwou Woche si mer elo an enger Situatioun, wéi et se nach ni zu Lëtzebuerg gouf. D'Schoule sinn zou. D'Chantiers si gestoppt. Déi allermeeschst Leit sinn doheem a vill schaffen der och vun doheem aus, aus dem Homeoffice. Anerer fueren op hir Aarbecht a gemeinsam kucke se, dass eist Land an engem gewëssene Sënn „am Noutdéngscht“ weider funktionéiert, woufir mir hinnen alleguerten e grouse Merci soen.

D'Land ass am État de crise. Villes dréit méi lues, fir net ze soe komplett anescht wéi dat, wat mir nach virun e puer Wochen als „normal“ definéiert hätten. De Coronavirus huet eis forcéiert, op gesellschaftlech a wirtschaftlech Plang a Rekordzäit e quasi Neistart hinze kréien, wou mir villes vun deem, wat mer virdru dagdeeglech gewinnt waren, haut esou net méi kënnen maachen. Mir hunn eist Liewe quasi iwwer Nuecht esou adaptéiert, dass mer an engem Modus sinn, wou et drëm geet, eis Gesellschaft an eis Vulnerabelst an der Gesellschaft ze schützen. Kee weess haut, wéi laang dës Situatioun genee wäert daueren oder wéi eng Konsequenzen dat Ganzt wäert hunn.

Selbstverständlech setzt d'Regierung alles drun, de Betreiber an de betraffene Leit esou gutt wéi dat geet ënnert d'Aerm ze gräifen, mat engem historesche Stabilitéitspak vun net manner wéi 8,8 Milliarden Euro. An awer ass et schwéier ze soen, wat genee den Impakt op eis Wirtschaft wäert sinn a wéi séier d'Konjunktur erëm urappe wäert.

Mir hunn als Lëtzebuerg déi confortabel Situatioun, dass eis Staatsfinanzen am Gläichgewicht sinn a mir eng niddreg Schold hunn. Esou kënnen mer dësen Hëllefspak ouni gréisser Schwierigkeete stemmen. Mee trotzdem ass et evident, dass dës Kris Auswierkungen op de Budget huet an domadder och op de finanzielle Spillraum bei den zukünftigen Investisementer.

Wa mir d'Kris vum Coronavirus hanner eis hunn, wäerte mer kaum einfach esou kënnen weidermaache wéi virdru. An déi eenzel Projeten, déi haut hei diskutéiert ginn, wäerten

och kaum einfach esou eent zu eent kënnen ëmgësat ginn, wéi dat u sech an enger Avant-Coronazäit geplangt war.

Trotzdem ass et richtig an och wichtig, grad zu dësem Zäitpunkt iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat ze debattéieren, well et och sécherlech eng Zäit no der Coronakris wäert ginn. D'Prioritéite wäerten dann allerdéngs nei definéiert musse ginn. A Bezuch op eis Investitiounen an Infrastrukturen heescht dat: Wéi eng sinn an enger éischer Phas absolutt noutwendeg? A wéi eng kënnen vläicht e bëssen no hanne verluecht ginn?

Investitiounen a Bildung, Sécherheet, Gesondheet a Mobilitéit si fir eis Gesellschaft an d'Weiderentwécklung vu Lëtzebuerg als modernt, sécher an zukunftsorientéiert Land immens wichtig. Dofir wëll ech betounen, dass et fir eis als DP-Fraktioun wichtig ass, dass och a méi schwéieren Zäiten net bei wichtige Projete gespuert gëtt an dass déi noutwendeg Investitiounen gemaach ginn. Well d'Erausforderungen bleiwen och no der Coronakris bestoen. An all Euro, dee mir haut a muer an eis Infrastrukture kënnen stiechen, ass e Stéck méi Liewensqualitéit fir iwwermuer.

Dee Spagat tëschent direkt néidegen Investitiounen a Projeten, déi kënnen no hanne verluecht ginn, dee Spagat gëllt et zesummen ze diskutéieren an ze definéieren an déi Investitiounen dann och schnell ze realiséieren, déi Prioritéit wäerten hunn.

Mir gesinn nämlech ganz oft am Ausland, wat d'Konsequenze sinn, wann dat net gemaach gëtt, wann op deene falsche Plaze gespuert gëtt: Stroossen, déi an engem schlechten Zoustand sinn, Verwaltungen, déi déi Gebailechkeeten, déi se brächten, net hunn an esou weider an esou weider.

Dowéinst, wa mer hei am Land d'Liewensqualitéit vun de Bierger wëllen erhalen, wa Lëtzebuerg och no Corona weiderhin e modernt an dynamescht Land soll bleiwen, da musse mer haut schonn u muer denken an da mussen d'Investisementer an d'Infrastrukturen och eng grouss Prioritéit bleiwen.

► **Une voix**.- Ganz gutt!

► **M. Claude Lamberty** (*DP*).- Quitte dass dat natierlech ëmmer am Kader vun de finanzielle Méiglechkeete muss geschéien.

D'Regierung huet an de leschte Jore ganz vill Effort gemaach a massiv Investitiounen an déi ëffentlech Infrastrukture gestach. Zeg Lycéeën, déi renovéiert a moderniséiert goufen a ginn, den Ausbau vum ëffentlechen Transport, den Tram, d'Extensioun vun der Stater Gare a villes, villes méi. Dës Regierung huet bis dato d'Investitiounen konsequent héich gehalen, fir d'Land ze moderniséieren an d'Erausforderungen, mat deene mer an de verschiddene Beräicher konfrontéiert sinn, unzepaken.

Den Debat haut iwwert déi grouss Infrastrukturprojete vum Staat ass trotz aller virdrun ugeschwatenen Coronaproblematik eng gutt Geleeënheet, den Tour ze maachen, wat an Zukunft fir Defie beim Infrastrukturausbau ustinn.

Virop muss een do natierlech d'Mobilitéit nennen. Et ass kee Geheimnis, dass eis Stroosse virun der Coronakris, a wuel och duerno, deels total iwwerlaascht sinn, d'Zich an de Spëtzenzäite méi wéi strubbelvoll sinn a vill Leit vill Zäit verléieren am dagdeegleche Stau.

Nieft de massiven Investitiounen, virun allem an d'Schinn, huet d'DP sech vun Ufank un derfir ausgeschwat, bestoend Infrastrukture méi intelligent ze notzen. Ee Beispill ass do déi geplangte Busspuer op der N11 tëschent dem Waldhaff a Jonglënster, iwwert déi d'lescht Joer op dëser Plaz rieds war. Hei soll de Bus jo bekanntlech moies kënnen an déi eng Richtung fueren, an d'Stad eran, an owes dann an déi aner Richtung, aus der Stad eraus.

An déi selwecht Kategorie vun innovativen Denkmodeller fällt elo d'Iddi, fir op der A6, also op der Areler Autobunn, de Pilotprojet, d'Fërdere vum Covoiturage, deen déi belsch Autoritéiten op belscher Säit gestart hunn, och zu Lëtzebuerg ëmzesetzen an dofir déi Spuer, déi souwisou schonn do ass, also d'Standspuer, mat an de Verkéiersfloss anzebezielen. Dëst awer net einfach just als nei Spuer fir jiddwereen, mee ganz kloer definéiert, fir eng Prioritéit ze schafe fir de Covoiturage a fir den ëffentlechen Transport, also an dësem Fall de Bus.

De Message ass hei kloer: zesumme méi séier weiderkomme wéi eleng am Stau ze stoën! An dat Ganzt op enger Infrastruktur, déi natierlech muss adaptéiert ginn, dat besonnesch technesch a sécherheetsrelevant, mee déi u sech och haut schonn do ass.

Wann dëse Projet bis ëmgësat ass, hu mir e grenzüwverschreidende Projet, deen erfollegräis versprochend ass, fir dann och als Modell op aneren Autobunne mat aneren Nopeschlänner kënnen ëmgësat ze ginn. Elo kann ech de Mi-

nister vläicht froen, ob e schonn e Feedback vu senge franséischen an däitsche Ministerkolleege krut, fir vläicht en änleche Projet mat hinnen unzedenken.

Als DP si mir op alle Fall immens frou, dass de Covoiturage méi aktiv hei am Land gefërdert gëtt. Ier nei Stroosse gebaut ginn an d'Infrastrukture vergréissert ginn, ass et virun allem emol wichtig, déi bestoend beschméiglech auszelaaschten. Dat geet nëmmen doduerch, dass d'Verkéisersopkommnes, meeschtens och nach an déi selwecht Richtung, net ongebremsst weider an d'Luucht geet.

Un éischer Plaz stinn dofir, fir eis als Demokratresch Partei, Mesuren, déi evitéieren, dass d'Leit iwwerhaupt wäit musse fueren. Ech denken hei virun allem un d'Dezentraliséierung vu Verwaltungen a Betriber, d'Fërdung vum Teletravail oder un den Ausbau vu Coworkingspaces.

Grad an dësen Zäite gesi mer d'Potenzial vum Teletravail, soudass ech mengen, dass d'Coronakris dem Homeoffice grad zu engem Sprong no vir verhëlleft an dass den Teletravail och no der Kris méi staark genotzt wäert ginn. Mee, wéi virdru gesot, och de Covoiturage spillt eng immens wichtig Roll. Ech hoffen dowéinst, dass déi spezifesch Covoiturage-Spueren e konkreeten Ureiz fir vill Leit wäerten duerstellen, verstärkt op dës Méiglechkeet zrëckzegräifen.

À propos Mobilitéit. E weidere ganz interessante Projet ass den Uschloss vum Belval un d'Stad Esch via Vëlospist a Foussgängerwee, e Projet, deen, wéi ech mengen, eng immens positiv Envergure wäert hunn. De Moment ass absolutt dee richtigen, fir dës Verbindung ze realiséieren. Dëst fir d'Bierger allgemeng, mee natierlech och am Kader vun Esch2022, also Esch als Europäesch Kulturhauptstad, wou vill Touristen de Wee an eist Land wäerte fannen an dann do op eng flott Aart a Weis de Wee vum Belval an d'Escher City an doriwwer eraus kënnen fannen. Dofir hoffe mer, dass dëse Projet schnellstméiglech no der Coronakris kann an Ugrëff geholl ginn, besonnesch mam Datum vum Kulturjoer am Hannerkapp.

Déi geplangte Bréck kéint eenzegaarteg ginn, woumadder se e weideren Atout, e weidere Pluspunkt fir d'Südregioun ass, vun deem den Tourismus an der Géigend sécherlech och profitéiere kann. Mäi Fraktiounskolleeg Pim Knaff huet virun e puer Wochen drop higewisen, dass déi eenzel Projekte fir Esch2022 sech an e méi grousst Gesamtkonzept aschreiwën. Et geet drëms, de Süden als Ganzt ze revitaliséieren an d'Regioun weiderzeentwéckelen. Besonnesch d'Mobilitéit an eng besser Ubannung un den Zentrum sinn essenziell. Dofir reit sech dës Vëloswee och an dee méi grouse Projet ronderëm d'A4 mat sengem séieren Tram an enger Expressvëlospist an.

Här President, ervirhiewe wëll ech awer hei och de Projet vun der Renaturéierung vum Pétrussdall. Hei gëtt e formidable Projet zesumme mat der Stad Lëtzebuerg realiséiert, dee souwuel um Plang vun der Ekologie wéi och um Plang vun der Mobilitéit dem Pétrussdall wäert zeguttkommen. Ech freeë mech elo schonn op d'Realisatioun vun deem Projet, well de Pétrussdall ass eng wonnerschéin Noerhuelungslandschaft, a mat dësem Projet wäerten d'Bierger aus a ronderëm der Stad an déi Dausende Leit, déi all Dag an d'Stad derbäikommen, nach méi kënnen vun deem Erhuelungsraum profitéieren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Claude Lamberty** (*DP*).- Am Kontext Mobilitéit, dës Keier am Beräich vun der Schinn, an deenen domadder verbunnene Konsequenzen, si ganz interessant Projeten derbäi. D'Stater Gare wäert, soubal den Tram do ukomm ass, zu engem Pôle d'échange multimodal ginn, wou alles neigestalt gëtt, wat ee bis elo esou kannt huet. Dat betrëfft déi aktuell Busgaren, awer och, an dat ass luewenswäert, wann een de Vëlo wëllt fërdereen, e grouse Parking fir Vëloen. D'Bierger sollen also d'Méiglechkeet kréien, dass de Vëlo nees e Stéck méi wäit an den Alldag vun all Eenzelne ...

(Interruption)

... kann integréiert ginn.

Och d'Modernisatioun vum Zuch-Arrêt zu Mäertert wäert sécherlech positiv Repercussioune fir d'Passagéier, déi aus dem Oste kommen, hunn. Hei sollen nei Parkingsméiglechkeeten entstoen, Stéchwuert Park & Ride. An och hei soll de Vëlo sécher kënnen ofgestallt ginn, fir och hei de Vëlo als dagdeeglecht Transportmëttel weider ze verdéiwen.

Här President, wa mer vu wichtigen Infrastrukturprojete schwätzen, dann ass e ganz anere ganz wichtige Punkt dee vun eise Schoulen a vun eise Lycéeën. An der Lëscht vu Projeten, ëm déi et hei geet, sinn dat eng Rei, déi an déi Kategorie falen: d'Gebailechkeete fir d'Grondschoul



an d'Europaschoul zu Jonglënster, d'Extensioun vun der Annex vum Lycée Nic-Biever zu Diddeleleng, en neie Sportslycée, eng nei Sportshal fir de Stater Kolléis, eng nei Schwämm an administrativ Gebailechkeete beim Maacher Lycée.

D'Bildung vun eise Kanner, si op d'Zukunft ze preparéieren, ass eng vun den allerwichtigsten Aufgaben, déi d'Politik huet. Grad fir eis als Demokratesch Partei ass a bleift eng gutt Ausbildung de Schlëssel schlechthin, fir säi Liewen esou ze gestalten, wéi ee selwer wëllt, fir seng Ziler kennen ze erreechen.

D'Schülerpopulatioun wiisst vu Joer zu Joer, während gläichzäitig d'Besoinne vun de Schüler, an enger esou diverser Gesellschaft wéi eiser, zum Deel ganz ënnerschiddlech sinn. D'Regierung huet vun Ufank u gesot, dass mer dowéinst och eng qualitativ héichwäerteg Offer brauchen, déi deem och Rechnung dréit, an zwar an alle Regione vum Land.

Anerersäits brauche mer modern Infrastrukturen, fir och grad am digitale Beräich vun den neie Méiglechkeeten, déi sech hei bidden, kënnen ze profitéieren. Et geet haut -ënner Anführungszeichen - „nëmmen“ ëm déi puer Projete, déi ech virdrun ernimmt hunn, mee dëst ass just ee klengen Ausschnitt vun all deem, wat an där Hisiicht gemaach gëtt.

Ech erënneren nach eng Kéier un dat, wat de Bildungsminister de leschte Summer annoncéiert huet: „An den nächste Jore sinn net manner wéi 1,3 Milliarden Euro virgesinn, fir 15 Projeten am schoulesche Beräich ze realiséieren. Derbäi kommen déi ronn 40 Projeten, déi aktuell schonn an der Realisatioun sinn.“ Do gesäit ee ganz gutt: Dës Regierung investéiert an d'Kanner, si investéiert an hir Zukunft an domadder och an d'Zukunft vun eisem Land.

Ënnert deene genannte Projete si fir mech perséinlech och besonnesch d'Investitiounen an déi sportlech Infrastrukturen wichtig. Et ass kee Geheimnis: Sport spillt eng ganz wichteg Roll an der Entwicklung vun de Kanner a vun de Jugendlechen. Et geet hei net just ëm de gesondheetlechen Aspekt, och wann dat e ganz wichtegt Element ass, mee genuch Beweegung heescht virun allem och e weesentlechen Afloss op déi kognitiv Entwicklung vun deene Jonken. Dat kllassescht Léieren am Schoulsall an de Sportsunterricht ginn an deem Sënn Hand an Hand.

Des Weidere sinn ech natierlech besonnesch frou iwwert den neie Sportslycée, deen dann elo schlussendlech op Mamer kënnt. Jonk Sportstalter mussen Schoul an Training esou kennen ënner en Hutt kréien, dass béid Beräicher dervu profitéieren. Dat heescht, nieft der Schoul muss d'Infrastruktur am Sport esou konzipéiert sinn, dass déi Jonk hiert Potenzial beschtméiglech kënnen ofruffen a wa méiglech ausbauen. Mat deem neie Site fir de Sportslycée hu mer eng eenzegaarteg Chance, eng modern a quasi moossgeschneidert Anlag mat Internat derbäi opzerichten, déi perfekt un d'Besoinne vun eise jonken Athleeten ugepasst wäert sinn.

Här President, erlaabt mer zum Schluss nach e puer Wuert zur Sécherheet an zur Police ze soen. Dëst sinn Theemen, déi d'Leit direkt treffen. Dofir ass et wichtig, dass de Staat en daitlecht Zeeche setzt. D'Regierung huet déi politesch Volontéit, fir nei Leit fir d'Police ze rekrutéieren, méi wéi eemol ënnerstrach an och alles an d'Weeër geleet, dass d'Police méiglechst vill Mataarbechter kann astellen. Dat ass e wichtige Schrëtt an déi richteg Richtung, mee och à terme wäerte vill Poliziste gebraucht ginn, déi gutt ausgebild sinn an déi déi noutwendeg Installatiounen zur Verfügung hunn.

Dowéinst begrësse mir als DP natierlech déi verschidde Projeten an deem Beräich, déi mer haut diskutéieren. Ech denke virun allem un d'Policeschoul um Verluerekascht, wou et ëm d'Ausbildung vun den zukünfteg Poliziste geet. Fir eis geet et bei deem Projete ëm eng immens wichtig Aufgab, well mir als Politik alles mussen drusetzen, fir dass eis zukünfteg Polizisten, déi fir eis Sécherheet am Land suergen, eng adequat Plaz hunn, mat deem, wat si brauchen, fir hir Ausbildung um héchsten Niveau kennen ofzeschleissen.

Dernieft sinn am Domän Sécherheet och dat neit Policekommissariat zu Wolz an de Schéissstand am Bleesdall opgefouert. Dat sinn alles Projeten, déi der Sécherheet vun de Bierger am Land zeguttkommen. An dofir soll een och derfir suergen, dass déi néideg Infrastrukturen, déi eis Poliziste brauche fir Ausbildung, Weiterbildung an hiert deeglecht Schaff, dass déi Infrastrukturen och realiséiert ginn.

An deem Kontext wëll ech awer och e Projete um Territoire vun der Gemeng Sandweiler ervirsträchen, e Projete, dee vläicht net vill Beuechtung am grand Public wäert fannen an awer am dagdeeglechen Asaz immens wichtig ass. Ech schwätze vun adequaten Infrastrukture fir d'Hondsmeeschter, an deem Fall vun den

Hondsmeeschter vun der Douane. Um Birelerhaff solle si mat der ganzer Brigad fir ronn 70 Leit Plaz fanne fir sech an natierlech fir hir Hënn, dat als Trainingszentrum an och als Basis. Eng wichteg Investitioun an en Domän, dee meeschtens am Hannergrond immens wichtig Aarbecht leescht, dat souwuel bei der Douane, awer natierlech och bei der Police oder bei der Rettungshënn.

Här President, et wier sécherlech nach vill ze soen. Et ass leider zäitlech net méiglech, op all Projete eenzel anzegoen. Interessant Projeten, wéi déi zweet Phas vun der Ëmgestaltung vun de Rotonden zu Bouneweg, de Projete ronderëm déi wuel eenzegaarteg flott Kuliss vum Schlass respektiv Buerge zu Huelmes oder och déi noutwendeg Infrastruktur fir en Zentrum fir d'Primo-accueils op der Areler Strooss, wärend genausou interessant ervirzehiewe wéi déi Projeten, déi ech elo e bësse méi ausféierlech beliicht hunn.

Ausschlaggebend ass, dass d'DP prinzipiell hanner all dese Projete steet. An dofir wäerte mir natierlech och d'Motioun herno matstëmmen. Deen eenzege Bemoll ass deen, dass wuel net all Projete wäert kennen zäitlech esou realiséiert ginn, wéi ee sech dat nach virun e puer Wochen hätt kënnen virstellen.

D'Coronapandemie stellt eist Land viru grouss Erausforderungen, och finanzieller Natur. Dowéinst, ech hunn et scho gesot, mussen mer kucken, virop déi essenziell Projeten ëmzesetzen an déi aner dann zu engem schnellstméiglechen Zäitpunkt nozehuelen.

Zum Schluss wëll ech awer net vergiessen, dem Rapporteur, dem Carlo Back, e grouse Merci fir säin exzellente schrëftlechen a mündleche Rapport ze soen.

An lech soen ech natierlech Merci fir d'No-lauchteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci vilmools, Här Lamberty.

Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Dan Biancalana. Här Biancalana, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, wéi dësen Debat eng éischte Kéier ugesat war, war d'Wuert „Corona“ wuel schonn deene meeschte Leit heibannen an och de Leit dobausse leider e Begrëff. Kaum konnt ee sech awer virstellen, dass dese Virus d'ganz Welt, an domadder och eist Land, esou géif a Beschlag huelen, wéi dat aktuell de Fall ass. A säitdeem huet sech viles geännert. D'Prioritéite kruten eng aner Reiefolleg. An eise Bléck op deen een oder deen anere Beräich huet wuel geännert. An de Saz: „D'Gesondheet, dat ass dat wichtegst Kapital, dat mer hunn!“, dat krute mer an deene leschte Wochen a kréie mer haut nach ëmmer op eng zimmlech radikal Manéier virun Ae gehalen.

Gläichzäitig weist dës Kris eis awer och drop hin, wéi wichtig et ass, gutt ausgebild, gutt eduquéiert a responsabel Leit fir de Fonctionnement an den Zesummenhalt an enger Gesellschaft ze hunn. An och, dass gutt Infrastruktur vun eminenter Wichtigkeit sinn.

An deem Sënn géif ech dann och op déi verschidde grouss Infrastrukturprojeten agoen. Ech beschränke mech op Bildung a Mobilitéit, déi hei am Diskussionspabeier stinn. Si hunn alleguerten natierlech hir Wichtigkeit an hir Drénglechkeet a wäerten och a verschidde Fäll, opgrond vun der wirtschaftlecher Situatioun, déi sech duerch d'Coronakris erginn huet, net esou schnell oder eeben halt no anere Prioritéiten ëmgesat ginn, wéi dat an normalen, also an Net-Pandemie- oder Post-Pandemiezeiten de Fall wier.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen: „Es ist wichtig, dass die Politik sich mit Themen beschäftigt, die grundsätzlich wichtig sind. Bildungspolitik sollte die erste Priorität sein. Ich habe nicht den Eindruck, ...

(**Interruption**)

... dass das der Fall ist. In der Politik sind andere Themen wichtiger: Wirtschaft, Finanzen, Sicherheit. Was in der Politik fehlt, sind Visionen, wie die Kinder auf ihre zukünftige Welt vorbereitet werden, wie sie gestärkt werden sollen, wie ihr Potenzial gefördert werden kann und was die Schwerpunkte der Bildungspolitik sein müssen.“

Dat soen net ech, mee de Fari Khabirpour Ufank dëst Joer an engem wierklech ganz liesenswäerten Artikel, Interview, an enger gréisserer Tageszeitung hei vum Land. An ech wëll op dës Plaz elo net op all déi Aussoen hei agoen a se kommentéieren, mee viles, wat de Psycholog a freieren Direkter vum CPOS, vum Centre de psychologie et d'orientation scolaires an deem ugeschwatenen Artikel seet, ass sécherlech net falsch a sollt eis zumindest ze denke ginn.

„Bildungspolitik sollte die erste Priorität sein.“ Eng Ausso, déi mer sécher alleguerten heibanne kennen ënnerschreiven. „D'Kanner vun haut sinn d'Gesellschaft vu muer“, kéint ee soen, wann een en zimmlech ofgenotzte Slogan wëllt beméien, deen awer nach ëmmer inhaltlech a methodesch richtig ass.

An als LSAP begrësse mer ganz ausdrécklech, dass net manner wéi néng vun insgesamt 34 Projete mat eise Kanner, eiser Jugend ze dinn hunn, mol méi, mol manner direkt mat hirer Education.

A wann, wéi ech et virdrun och ugeschwat hunn, de Staat, opgrond vun der ablécklecher Kris, kuerz- a mëttelfristeg finanziell méi kuerz muss trieden oder unhand vun de Prioritéiten déi festgeluechte Projete vertässelt ginn, si mir als LSAP der Meenung, dass dëst net op d'Käschte vun der Bildung daerf gemaach ginn.

An och, wa se scho vu menge Virriedner ugeschwat a beschriwwen goufen - op dës Plaz wëllt ech och dem Rapporteur, dem honorabele Carlo Back, Merci soe fir säin explizitte schrëftlechen a mündleche Rapport -, esou erlaben ech mer op dës Plaz, dës Projeten, déi virun allem eise Jonken zeguttkommen, kuerz ze nennen.

De Maacher Lycée soll an engem gemeinsame Projete zesumme mat engem Gebai gebaut gi fir administrativ Zwecker, an awer och mat enger zouener Schwämm an Uschloss un eng Sportshal. Als LSAP goufe mer an der Vergaangenheet net midd, d'Wichtigkeet vu Sport a Kanner a Jugendlecher allgemeng ze verbannen an d'Wichtigkeet vum Schoulsport ze ënnersträchen an ervirzepräichen.

An och um Regierungsniveau hu verschidde sozialistesche Ministeren, sief et an de Ressorte vun der Education, der Santé oder dem Sport, deementsprechend Initiative geholl, weidergefouert an och ënnerstëtzt. An dat ass och haut nach de Fall um Niveau vun der Regierung.

D'Zuelen, mir wëssen et alleguerten heibannen, vun iwwergewichtege Kanner, mat all den associéierte Krankheeten, déi huelen ëmmer méi zou. Sech beweegen ass a bleift also wichtig. An och an där Logik eeben halt vun der Wichtigkeet vum Schoulsport, an natierlech och am Sënn vun enger geziilter Fëderung vum Leeschtungssport, sti mir voll hanter dem neie Sportslycée, deen zu Mamer um Schoulcampus hannert dem Lycée Josy Barthel, nieft der Europaschoul, soll entstoen.

Déi Jugendleche, fir déi Sport en zentraalt Element vun hirem Liewen ass, kréien hei zukünfteg optimal Strukturen a Konditiounen gebueden, fir hirer sportlecher Leidenschaft am Kader vun engem adaptéierte Schoulunterricht kënnen nozegoen. An de Sport gëtt dann och am Stater Kolléis investéiert, wou d'Sportshal erneiert a moderniséiert gëtt.

Net vierdergrënneg ëm de Sport, mee ëm d'Bildung bezéiungsweis d'Aus- a Weiterbildung geet et bei zwee anere Projeten, och wann nach ëmmer eng Sportshal derbäi virgesinn ass. Dat ass engersäits déi staatlech unerkannten Europaschoul zu Jonglënster. Hei geet et ëm eng europäesch Primärschoul fir ronn 320 Kanner mat allen néidegen Infrastrukturen: Structures d'accueil, Restaurant, Bibliothék an eeben och eng Sportshal. Hei gëtt wierklech enger kosmopolitescher Bevëlkerung Rechnung gedroen, hire Besoinen, wéi gesot, och dat an deem Land hei, zu Lëtzebuerg, e Projete, deen natierlech eis Zoustëmmung fënn.

En neie Sportszentrum kritt dann awer och d'Policeschoul. Allerdéngs ass dat nëmmen e klengen Deel vun engem méi grouse Projete. D'Policeschoul kritt nämlech e ganz neit Gebai um Verluerekascht, fir dass all d'Formatiounen, déi bis elo jo am ganze Land op verschidde Sitte verdeelt sinn, op enger eenzeger Plaz regroupéiert kënnen ginn, wat ganz wichteg a ganz begreissenswäert ass.

Wann ee weess, wéi dréngend mir nei Polizisten hei am Land brauchen, ass et logesch, dese Beruff an déi domadder verbonnen entsprecheend Ausbildung esou attraktiv ze gestalten, qualitativ ze gestalten, wéi dat nëmmen méiglech ass. An do läit jo och e Projete de loi vir, wat effektiv d'Formatioun vun de Polizisten ugeet, déi och matintegréiert gëtt. An natierlech gehéieren zu där Ausbildung, zu deene Besoinen och ugepasste modern Infrastrukturen.

Ech hat am Ufank vun néng Infrastrukturprojete geschwat, déi an deem Debat jo thematiséiert goufen, in extenso, déi all eise Kanner an och eiser Jugend zeguttkommen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ablécklech ass de Problem net méi ze erkennen, ganz am Géigendeel. Mee spéitstens wann déi aktuell Noutstandsmoosnamen net méi a Kraaft sinn an d'Coronakris zumindest aus sanitärer Siicht iwwerstanen ass, wäert en onweigerlech erëm oprieden ewéi virdrun: Ech schwätzen hei vum Trafic op eise Stroossen, vun de Stauen, déi

eist Land am Alldag prägen, an iwwerfëllen Zich.

Spéitstens elo an der Kris ass wuel eis alleguerten hei am Land bewosst ginn, wéi wichteg d'Frontaliere fir de korrekte Fonctionnement, jo, souguer fir d'Iwwerliewen net nëmme vun eiser Wirtschaft, mee och vun eisem Gesondheetssystem tout court sinn. Mee wann all Dag 200.000 Grenzgänger op Lëtzebuerg kommen a sech gläichzäitig e ganz groussen Deel vun de Salaréien hei am Land haaptsächlech a Richtung Haaptstad op de Wee mécht, bleift de Chaos op eise Stroossen net aus. An Dezentraliséierung am Kader vum Aménagement du territoire bleift also hei eng ganz, ganz wichteg Strategie.

Et ass also net esou, dass d'Politik, virun allem d'Regierung, de Problem net erkannt hätt. Ganz am Géigendeel! Mee eng einfach Léisung gëtt et halt eeben net fir e Problem, dee sech déi lescht Joren zounemend a permanent verstärkt huet. Et sinn am Fong déi kleng Schrëtt, déi lues, awer sécher zu enger Verbesserung wäerten a mussen féieren.

An deem Kontext muss een natierlech d'Strategie fir déi nohalteg Mobilitéit, de MoDu 2.0 nennen, déi 2018 vun der Regierung ugeholl gouf. Dës gesäit jo vir, dass bis 2025, an dat am Verglach zu 2017, den Undeel vun de Persounen, déi den ëffentlechen Transport notzen, ëm 50 % soll zouhuelen. Dëst, wéi et an der Strategie heescht, „grâce à la mise en service de nouvelles infrastructures des CFL et de la réorganisation du réseau RGTR“. Jo, d'Reorganisatioun vum RGTR gouf, wéi Der et heibannen alleguerte wësst, am September d'lescht Joer vum zoustännege Minister, dem Här Bausch, virgestallt, a sollt bis September d'nächst Joer integral ëmgesat sinn. An duerch d'Kris gëtt dës Reorganisatioun ëm gutt véier Méint verréckelt, also op Ufank 2020 (veuillez lire: 2022).

Ech wëllt mech awer och dann hei op d'Bunn konzentrieren, well net manner wéi aacht Projeten, déi haut zur Diskussioun respektiv zur Approbatioun stinn, betreffen de Schinneverkéier. An dës Projete reie sech an eng ganz Rëtsch Projeten an, déi schonn ëmgesat goufe respektiv sech nach an der Ëmsetzung befannen.

Eis Positioun als LSAP war, ass a bleift déi selwecht: D'Eisebunn ass d'Reckgrat vum ëffentlechen Transport an deem Sënn en zentraalt Element, wann et drëm geet, eng effikass multimodal Strategie ëmzesetzen. Dofir kréien all déi Projeten natierlech och eis Zoustëmmung. De multimodale Charakter vun der Transportpolitik fënn en och ëmmer punktuell hei erëm bei deenen eenzelne Projeten, notament deene vum Fonds du rail, déi eis hei virleien.


E Volet, deen awer och ëmmer méi wichteg gëtt an och Wichtigkeet kritt, dat ass de Vëlo. Et ass virgesinn, dass bis 2025 den Undeel vun den Trajete Wunnuert-Aarbecht, déi manner ewéi fënnf Kilometer ausmaachen a mam Vëlo kënnen zrëckgeluecht ginn, vu 5 % am Joer 2017 op 10 % ze steigern ass bis 2025. An eng Steigerung vun 3 % op 15 % an deem selwechten Zäitraum soll bei ganz kuerzen Trajete mam Vëlo tëschent sengem Wunnuert an der Grondschoul erreecht ginn.

Den Usaz, fir d'Infrastrukturen an deem Beräich, spréch Vëlosweeër, ze verbessern an domadder de Vëlo als alldéeglecht Fortbewegungsmittel méi attraktiv ze maachen, gouf 2015 mam Gesetz iwwert d'Schafe vun engem nationale Réseau vu Vëlospiste geluecht. Präziséiert a verstärkt gouf dës Iddi mat engem weidere Gesetz iwwert dese Réseau Enn d'lescht Joer, dat mer jo hei an der Chamber gestëmmt hunn.

A ganz an deem Sënn sinn och Vëlospiste bezéiungsweis Deeler vu Vëlospisten a verschiddeene vun deenen hei virgeluechte Projete jo virgesinn an och ganz wichteg, an notament d'PC8, d'Verbindung tëschent Belval an Esch, déi realiséiert gëtt, ass och do en Attrait fir d'Mobilitéit douce respektiv d'Mobilitéit active.

Parallél zu deem Projete sinn awer och eng Rei Stroossebauprojeten, notament op den Industriefrichen zu Wolz an zu Diddeleng, wou déi national Vëlosstreck PC8 (veuillez lire: PC20) jo och ausgebaut gëtt zu Wolz, soudass och zukünfteg de Lycée du Nord mat der Wolzer Gare ka verbonne ginn.

An trotz alle Beméiungen, e Maximum vu Leit op den ëffentlechen Transport ze kréie bezéiungsweis vun der Mobilitéit douce ze iwwerzeegen, Beméiungen, déi mir, wéi gesot, als LSAP mat zwou Hänn ënnerschreiven, muss ee bei allem Wëllen, eppes zum Positiven ze änneren, och ganz realistesch bleiwen, zumindest wat kuerz- a mëttelfristeg Changement ubelaangt.



Mir wëssen et: Eng Mentalitéit ze änneren ass schwéier, brauch seng Zäit a gëtt geziilt iwwer spezifesch Moosnamen erreecht. A jo, d'Lëtzebuerger Mentalitéit a Saachen Transport ass, et muss een et soen, eng Autosmentalitéit. Vun engem Dag op deen anere gi mer also net zu enger Natioun, déi op de Privatauto ganz verzicht. An déi lescht rezent Zuele vum Joer 2017 vun Eurostat, déi weise jo, dass mer mat 670 Autoen op 1.000 Awunner wierklech net fir näischt europäesche Spëttereider an deem Kontext sinn. An och mat deem konsequenten Ausbau vum ëffentlechen Transport bleift et awer noutwendeg, weider an d'Stroossebauinfrastrukturen ze investéieren, besteeënd Stroossen ëm- oder auszebaue respektiv nei Stroossen ze bauen.

Wat och hei mat fënnf Projeten insgesamt geschitt, woubäi ee vun deene Projeten een ass, dee ganz am Sënn och vum MoDu 2.0 ass, nämlech d'Schafe vun enger Spuer fir de Covoiturage op der Pannespuer op der A6. Mat dëser, an den Ae vun der LSAP, ganz begrëssenswäerter Measure gëtt nämlech e ganz positiven Incentive geschaaft, fir de sougenannten Taux d'occupation, also d'Zuel vun de Passagéier pro Auto, eropzesetzen an esou den Trafic ze entlaaschten.

Ech kommen zum Schluss. Et bleift wichteg, all dës Investor, déi mer hei virleien hunn, ze täegen, well si ganz kloer zu der Relance no der Kris bäidroen. An deem Sënn sollte mer d'Investor esou héich halen ewéi nëmme méiglech, well op d'Käschte vun dësen Investitiounen spueren wier e Spueren op d'Käschte vun de Betriber an eeben och op d'Käschte vun all de Bierger, deenen dës Projeten zeguttkommen.

Ech soen Iech dofir Merci fir Är Opmierksamkeet. An heimadder ginn ech och den Accord an déi vollst Ënnerstëtzung vun der LSAP-Fraktion.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Biancalana.

Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen. Här Engelen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer fir unzefänken e puer méi allgemeng Bemierkungen zu dësem Projet ze maachen, wou mer eis haut befaassen am Fong geholl mat enger Orientéierungsdebatte zu de gréisseren Infrastrukturen.

Mir féieren dës Debatte an enger ganz schwéierer Zäit fir eist Land. Mir kommen an deem Sënn net drëm erëm, och d'Entwécklung vun der Coronapandemie an eis lwwerleeunge mat eraflëssen ze loosse, speziell no dëser Coronakris, wou et gëllt, eist Land wirtschaftlech gesinn erëm op e Maximum opzebauen. Dat dierft esou munches an der Zäitfenster vun dëse geplangten Infrastrukturen no hanne strecken. A wie weess: Et kënnt vläicht nach esou munches, bis haut Ongeplangtes, derbäi.

No Enn vun dëser Gesondheetspandemie muss een och dat Finanziellt kucken, wou een haut nach näischt kann am Virus soen, well een net weess, wéi laang dës Pandemie dauert.

Mee dës Gesondheetspandemie bréngt et onweigerlech mat sech, datt mer an där Hisicht nach munchen lwwerleeungen an Decisiounen an der Zukunft musse Rechnung droen, sougutt hei am Land wéi och am europäesche Krees vun eise Partner. Menger Meinung no muss Europa, ekonomesch gesinn, sech deels nei opstellen. Regionaliséierung heescht an der Zukunft net méi eleng Lëtzebuerg a seng direkt Regiounen, mee mir mussen dës och europawäit kucken an zwar an der Solidaritéit mat alle Staaten an der EU.

Grad aus dësen lwwerleeungen eraus ass et no der Coronakris wichteg, fir ons mat eisen europäesche Partner zesummenzesetzen an a ville Beräicher sech nei ze concertéieren an och ofzestëmmen, well no dëser Zäit muss een dermat rechnen, datt eis Ekonomie an eis ekonomesch Entwécklungen, sief dat national oder international, no dëser Kris net méi d'selwecht funktionéiere wäerte wéi bis elo.

Et ass duerfir onbedéngt wichteg, den ekonomeschen Impakt vun där aktueller Kris zu all Moment am A ze behalen an do, wou et néideg ass, ze hëllefen, ze kompenséieren an och ofzefiederer.

Eis Wirtschaft, eis Betriber, all déi, déi Suen an d'Keess eraleeën, bleiwen d'Zuchpärder vun eiser Liewensqualitéit a vun eiser Wuesstum. Jo, ass

duerfir der Politik hir verdammte Pflicht, si ze schützen an alles derfir ze maachen, datt si enner allen Ëmstänn kënnen virufonctionéieren. An deem Sënn ass och eisen haitege Projet ze gesinn.

Erlaabt mer, vun deene 34 Projeten, iwwert déi haut ofgestëmmt gëtt, e puer méi genee ënnert d'Lupp ze huelen. Et sinn zwar nëmme méi allgemeng Bemierkungen, Randbemierkungen, mee an der Gesamtheit soll een och alles kucken an och laangfristeg.

Éischters emol, mir begrëissen de Projet iwwert d'Renaturéierung vun der Péitruss. E Projet, deen et erlaabt, datt d'Péitruss erëm zu hirem natierleche Waasserlaf zrëckfënn. Trotzdeem wëll ech dee Projet mat e puer kritesche Bemierkungen begleeten, esou wéi dat och mäi Kolleg Roy Reding schonn op kommunalem Niveau gemaach huet.

Et ass fir d'ADR ganz onglécklech, wann een op där enger Säit d'Natur füttert mécht, fir op där anerer Säit d'Natur erëm hierzestellen, schwätz se ze renaturéieren.

(**Interruption**)

Mir hätten et an deem Sënn begrëisst, wann hei déi vill all prächtge Beem, déi och zum ekologeschen Ierwe vun der Stad Lëtzebuerg gehéieren, hätte kënnen erhalen bleiwen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Jeff Engelen (ADR).** - Op anere Plazen an der Stad Lëtzebuerg an och am Land mussen eenzel Projeten esou verschafft ginn, fir deem Rechnung ze droen.

Et ass allgemeng och wichteg, grad bei groussen Infrastrukturprojeten, datt een déi betrafte Leit och matabënt an d'Planungsphas, fir datt déi betreffen Awunner och zu all Moment wëssen, wat virun hirer Dier geschitt.

E puer Wuert zum geplangten Ausbau vun der Policeschoul um Verluerekascht. Och hei hätte mir eis méi eng transparent Informationspolitik gewënscht. Et muss een onbedéngt mat de Personalvertreider vun der Police schwätzen, déi jo d'Besoinen am beschte kennen. An et ass eng onglécklech Situatioun, datt d'Personal vun der Police, hei si betrafft virun allem d'Stagiären, ongenügend eegen Infrastrukturen huet, fir kënnen deem fir d'Ausbildung noutwendeg Sport nozegoen an ze maachen. Wéi e Wanderzirkus musse si duerch d'Géigend fueren, fir temporär kënnen an anere Sportrichtungen ënnerbruecht ze ginn. D'Berufspompjeeën hunn eegen Arichtungen, firwat net och d'Police? Hei soll alles konzentriert sinn, wat d'Police fir eng gutt Ausbildung vun hirem Personal brauch.

Fir déi néideg Sportstester ze absolvéieren, brauch d'Policeschoul adequat Gebailechkeeten an Arichtungen. Et sollen also keng halfe Saache gemaach ginn an och virun allem keng halfe Sportshal gebaut ginn, wéi ons dat zougedroen ginn ass. Et ass eis Pflicht, der Police all Moyenen zur Verfügung ze stellen, fir eng beschtméiglech Ausbildung ze garantéieren fir eis jonk Polizistinnen a Polizisten.

Onser Meinung no wär et ubruecht, dës Gebailechkeeten um Verluerekascht prioritär der Policeschoul komplett zur Verfügung ze stellen inklusiv der Sportsinfrastruktur, an de Policemusée, wou et am Gesetzesprojet heescht « pour-rait abriter », vläicht op eng aner Plaz ze verleeën. Dës och am Respekt mat all deene Fräiwëlegen, déi sech fir de Policemusée setzen an engagéieren. Et wär fair, wann d'Regierung sech géif hei matzäit dës Leit matdeelen, ob si hei oder op enger anerer Plaz ënnerdaach kéimen.

De Policemusée ass ganz sécher eng Beräicherung fir eist ganz Land. An et kéint een och virgesinn - firwat net? -, och en Douanesmusée hei mat ze integréieren. Mee da kéint et awer gutt sinn, datt dat op enger anerer Plaz misst sinn, well déi verschidden Offerte géife jo am Fong geholl aneneeggräifen, wat esou Muséeën ubelaangt. A wann een déi op enger anerer Plaz hätt, dat wier ganz sécher och interessant fir d'Visiteure vun deene Muséeën.

Drëttens, beim Projet „Wunne mat der Wootz“ sollen dausend nei Logementer entstoen, dat um Site vun den alen Industriefrichen zu Wolz. Als ADR begrëisse mir et ausdrécklech, datt een déi demografesch Entwécklung vum Land net just esäitge op déi grouss Ballungszentere wéi d'Stad konzentriert, mee gläichméisseg duerch d'Land opdeelt. Als Vertrieeder vum Norde läit et mir besonnesch um Häerz, datt och eise ländleche Raum lieweg an attraktiv bleift. D'Stéchwuert „Dezentraliséierung“ spillt hei eng essenziell Roll.

Mat engem laachenden A gesi mer, datt mer mam Projet „Wunne mat der Wootz“ eng Initiativ ergräifen, fir datt d'Bevëlkerung sech am ländleche Raum niderléisst, fir dësen och nei ze beliewen. Mee mat engem kräischenden A gesi mer allerdéngs, datt et verpasst ginn ass, gréisser Agglomeratiounen am Norden, an do-

zou gehéiert och Wolz, attraktiv a lieweg ze gestalten.

Mir bauen hei Wunnenge fir ronn 2.000 Leit. Mee wou sollen all dës Leit schaffen goen? Dat ass déi grouss Fro, déi sech hei stellt!

Et dierf net derzou kommen, datt mer am ländleche Raum riseg Wunnprojete plangen, déi sech dann zu rengen Schlofemengen entwéckelen. Do, wou d'Leit wunnen, solle si och kënnen schaffen goen. An do, wou d'Leit wunnen, solle se och hir Fräizäit gestalten a verbréngen.

Et kann net sinn, datt mer haut op där enger Säit Leit an de ländleche Raum lackele wëllen an op där anerer Säit a genee deem ländleche Raum Servicer an Infrastrukturen monter ofbauen. Ech verweisen hei op d'Wëlzer Spidol, den Enregistrement zu Clierf, eenzel Bankfilialen, Postfilialen. Alles mécht lues a lues zou. An ech mengen, et soll een emol endlech eescht maache mam Wuert vun der „Dezentraliséierung“.

Wa mer d'Dezentraliséierung richtig upaken, da léise mer vill aner Problemer am Land. Mir berouegen d'Verkeierssituatioun am ganze Land, wa sech de Verkeier net just op e puer Ballungszentere konzentriert.

Eist Land soll weider attraktiv bleiwen. An duerfir musse mir kontinuéierlech investéieren. Dës muss mat Kapp a Verstand geschéien, an eenzel Regiounen sollen net vernoléisegt ginn. Et muss laangfristeg geschéien an ëmmer mat der Wuesstumsfro verbonden, a wat dat fir Lëtzebuerg bedeit, soll ëmmer am Hannerkapp behale ginn.

Op der A6 soll eng Bande de covoiturage gebaut ginn, a Verlängerung vun der Covoiturage-Pist aus der Belsch, E411, vun Arel op Sterpenich. Hei misst een awer nach ënnersichen, ob dësen Ausbau Sënn mécht, well onsen Informatiounen no ass deen Deel vun der Belsch zwar fäerdeg, gëtt awer fir dee Sënn wéineg genotzt.

Zum Contournement Hengescht, dee steet zwar net am Projet, mee den Här Minister hat op eng parlamentaresch Fro vum Här Bauler geäntwert, datt am Fréijoer mat engem Avant-projet sommaire ze rechnen wär, a well mer jo elo an dësen Debatte sinn, wollt ech de Minister froen, wéi wäit dee Projet elo ass. Mir hu jo och elo weider keng Méiglechkeeten, fir hei an dëser Saach aktiv ze ginn.

An domadder wär ech um Schluss ukomm. Ech wëll dem Rapporteur, dem Här Carlo Back, en häerzleche Merci soe fir säin exzellente mëndlechen an och schrëftleche Rapport. An ech géif d'Zoustëmmung bréngen vun der ADR zu dësem Projet.

Ech géif Iech da Merci soe fir d'Nolauschteren.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Engelen.

Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).** - Merci, Här President. Ech wäert mech e bësse méi kuerzfaassen. Gesitt Der, ech follegen och dem Här Kaes, wann en eppes seet, also ...

(**Hilarité et interruption**)

Voilà, eng komesch Allianz. Nee, nee, nee, et ass eng gutt Allianz!

Här President, jo, vläicht e puer Remarken. Zu e puer Projeten hätt ech e puer Froen u sech, déi ech wollt hei emol eng Kéier zur Sprooch bréngen. Étant donné, datt ech och net Mem-

ber sinn an där Kommissioun an och net an der Sëtzung derbäi war, sinn déi Froen vläicht scho gestallt ginn a vläicht koom och schonn dorober eng Antwort.

Op jidde Fall, wat mech awer géif interesséieren, dat ass justement déi nei Structure d'accueil op der Areler Strooss fir Demandeurs de protection internationale, déi natierlech batter néideg ass an déi mir och ënnerstëtzen. Do sinn e puer Froen, well dat kënnt net onbedéngt am Bericht eraus oder, wéi et esou offiziell heescht, am « papier de discussion » eraus. Do gëtt et eng gewësse Beschreibung vum Site. Allerdéngs wollt ech wëssen, awéifern och virgesinn ass, datt Raimlechkeeten, speziell Raimlechkeete virgesi sinn och fir Fraen, déi eleng sinn, zum Beispill, respektiv och, wat d'Betreiungspersonal ugeet, wat do ass.

Mir wëssen, datt ee bis elo, a gewëssene Strukturen, natierlech och en Deel vum Betreiungspersonal huet, deen och vu privaten Entreprisë koom, wou déi Leit natierlech och eng spezifesch Formatioun, op jidde Fall e spezifesch Certificat hunn, fir sech och ëm verschidde Kategorie vu Persounen ze bekëmmern, ënner anerem méi vulnerabel Persounen. Ech hu gesot, „déi och esou e Certificat hunn“, mee heiansdo ass dee Certificat och net onbedéngt dat wäert, wat derhannert ass, laut mengen Informatiounen. Dofir ass et natierlech och wichteg, datt virgesinn ass, datt e gewëssent spezialiséiert Personal do ass.

Eng aner Fro, déi mer och agefall ass: Haut de Moien hate mer eng Educatiounskommissioun, wou den Här Meisch eis och Ried an Äntwert stoung, an do ass och d'Fro koom, wat den Enseignement ugeet och vu Jugendlecher, déi justement an der Prozedur sinn an an deenen Heemer sinn. An do, wann ech dat richtig verstanen hunn, ass et net ëmmer ganz kloer, ob och zum Beispill de Wi-Fi do ganz gutt funktionéiert an deenen Homen oder den Internetzugang de modernen Normen entsprécht.

Et gëtt heiansdo als Luxus ugesinn. Mee Luxus ass u sech eppes, wat een net onbedéngt brauch, mee wat engem d'Liewe méi flott mécht. Wi-Fi an Internet hautzudaags, zemoos fir vulnerabel Persounen, mee fir jiddwereen, ass bāi Wäitem kee Luxus, well wann een deen net huet, dann ass et beanträchtegt. An dofir ass och d'Fro, ob virgesinn ass, datt dee generell accessibel wäert sinn.

Mir begrëissen och, datt um Waldhaff de Militärdepot moderniséiert gëtt. Ech mengen, mir hate d'lescht Joer en trageschen Accident do, wat domadder zesummenhängt, datt deen Depot an engem vetusten an net méi modernen Zoustand war. Dat soll elo behuewe ginn. Egal wat ee vun der Arméi hält, et si Leit, déi do schaffen, an déi Leit, déi do schaffen, musse beschützt sinn a mussen déi richtig Konditiounen hunn, fir do ze schaffen. An dofir ënnerstëtze mer dat och.

Wat d'Vetustéit ugeet, souwäit ech verstanen hunn, an dat ass e Projet, deen net dran ass; mir ënnerstëtzen déi Projeten, déi hei dra sinn, mee ech benotzen d'Geleeënheet, fir emol och zwou, dräi aner Saache kënnen unzeschwätzen.

Viru Kuerzem war d'Madamm Tanson och an der Justizkommissioun derbäi, de Kolleg Marc Baum war do, hien ass dofir zoustänneg, a mir sinn do och gewuer ginn, well et koom jo och zu enger Meuterei, et ass net déi éischt, do gëtt et vill Facteuren, firwat et zu Meuterei kënnt. Ech war awer ganz erstaunt ze héieren, datt et zu Schraasseg am Prisong keng Méiglechkeet gëtt fir zum Beispill - a, voilà, d'Madamm Ministesch ass do! - privat Rencontren. Dat ass anscheinend an der Justizkommissioun gesot ginn, mee Dir kënnt dorobber agoen. Vläch hunn ech dat falsch verstanen. Mee Dir kënnt dorobber agoen. An datt do, mengen ech, och dann, wann dat net esou de Fall wier, datt een dorobber misst agoen an engem weidere Projet, wa mer mussen investéieren.

Schlussendlech wollt ech elo awer och nach eppes soen, dat ass natierlech och kee Projet, deen heidranner ass, mee et misst ee sech awer wierklech Gedanken doriwwer maachen. Virdu war d'Ried eeben och gaangen iwwer Raimlechkeete fir Studenten, och am Stadkär, et ass e bësse mäin Dada, mir missten eng Kéier doriwwer diskutéieren. Ech hat eng Question élar-gie gestallt, déi wäert warscheinlech elo an deenen nächste Méint net beschwat ginn hei an dësem Plenum, dat ass och net schlëmm. Mir kennen d'Bedéngungen, déi mer elo hei hunn.

Mee op jidde Fall, wat déi ganz Affär ugeet vum Stater historesche Postgebaai, wou et hinan hiergeet, wou een nach ëmmer net esou richtig, nach ëmmer net honnertprozenteg richtig weess, a wat fir eng Richtung et soll goen, ech mengen, do gëtt et vill Méiglechkeeten, wéi een dat Gebai kéint benotzen, och fir d'Allgemengheet, ënner anerem och fir Studenten, mee net nëmmen.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens :

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuenger Journal, Zeitung vum Lëtzebuenger Vollek

Contenu rédactionnel :

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Saisie de texte :

Polygraphic SA, Esch-sur-Alzette

Conception et mise en page :

Espace Médias SA, Esch-sur-Alzette

Concept et coordination générale :

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries :

Saint-Paul Luxembourg SA 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg
Editpress SA 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ech mengen, dat Gebai kéint op jidde Fall vill méi interessant agesat gi wéi als Restaurant oder Hotel, well där hu mer genuch am Stad-kär, mengen ech. Op jidde Fall wier et interessant, emol och eng Kéier doriwwer méi ëmfänglech ze diskutéieren. Mee doriwwer wäerte mer och eng Kéier diskutéiere mam zoustän-nege Minister, dem Wirtschaftsminister.

Voilà! Op jidde Fall wollt ech ofschléissen domadder fir ze soen, datt et awer weiderhi wichteg ass, an ech hat dat virdrun nach scho gesot, ëffentlech Infrastrukturen ze ënnerstëtzen an doranner ze investéieren, grad a Krisenzäiten. Mir wäerten dann eeben och gesinn, wat déi nächst Méint op eis duerkënnt a wat mer duerno nach alles kënnen investéiere respektiv wou mer musse Recettë siche goen.

Ech soen lech Merci. A ceci étant dit, mir stëmmen dat heiten natierlech mat.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Wagner.

Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- Här President, an der aktueller Situatioun ass et net einfach virauszegesinn, wat mir als Land wäerten un Infrastrukture brauchen. Et wäert ee missen d'Situatioun allkéiers nei bewäerten, well sech an de kommende Méint villen schnell ännere kann, virun allem wann et ëm d'Finanzéierung geet.

Fir eis Piraten ass et awer wichteg, dass mir net elo op d'Investitiounsbrems drécken, mee am Géigendeel. Dat heescht awer net, dass nach all Projet, deen haut beschwat gëtt, och soll realiséiert ginn. An e puer Méint wäerte vläicht aner Bauprojekte méi wichteg sinn. Dofir wäerte mir als Piraten eis haut och net fir déi gesammelt Projeten am Ganzen ausschwätzen, well een d'Situatioun an e puer Wochen nei bewäerte muss.

Als Beispill: d'Kerosinnlager um Findel. Kee ka soen, wéi d'Aviatioun sech wäert erhuelen an ob grad do elo musse 35 Milliounen investéiert ginn. Vum Ëmweltschutz guer net ze schwätzen!

Kloer ass: Gebaut wäert ginn. D'Fro ass eeben, wéi ee Projet ee brauch. Wann de Staat an och d'Gemengen hir Investitioune grouss halen, kënnen mir esou eis Ekonomie zäitweis stäipen an dëser schwiereger Zäit. Wa mer an déi richteg Infrastrukturen investéieren, dann investéiere mer gläichzäiteg an d'Zukunft vun eisem Land.

Ënnert de Projeten, déi eis dëst Joer virgestallt ginn, gefalen eis Piraten vereenzelter ganz gutt. Zum Beispill de Projet vum Jugendwunnen, wou 40 Logementer sollen op de Lampertsbiérg kommen, fir esou Mënschen, déi keng Ënnerkonft an enger Famill méi hunn, eng Méiglechkeet ze ginn, selwerbestëmmt liewen ze kënnen.

Och, dass zu Rodange de Centre de remisage gebaut soll ginn, wäert eng besser Organisatioun vun eisem Schinneverkéier bedeiten. Dat si Projeten, déi an eisen Aen immens wichteg sinn, an dat kënnen mir ënnerstëtzen.

Dass mir weider an eis Schoulen investéieren, ass nëmmen ze begrëssen, ouni elo déi eenzel Projekte kënnen opzezielen, an eiser begrenzter Riedezäit.

Ech wëll awer beim Projet „Neie Sportslycée“ zu Mamer ze bedenke ginn, dass hei an engem Fiichtgebit tëschent enger Natura-2000-Zon gebaut gëtt. Obwuel de Projet net direkt an d'Natura 2000 gebaut gëtt, ass ze bedenken,

dass eng grouss Biodiversitéit an deem Raum virherrscht.

Dofir erënnere mir eise Bauteminister, deen ëmmerhin eng gréng Memberskaart huet, dëse Projet nëmme gutt duerchduecht an am Respekt mat der Natur ëmzesetzen. A mir maachen drop opmierksam: Am grénge Walprogramm stoung ëmmerhin op der zéngter Säit, dass ee sech fir den Erhalt vun der Biodiversitéit asetze wëllt. Ee Punkt, dee mir Piraten genau sou ënnerstëtzen an och vertrieden!

Wou mir eis awer eens sinn, dat ass d'Wichtegkeet vum neie Sportslycée an och, dass et gutt ass, wann deen an der Mamer Gemeng wäert entstoen.

Dann hunn ech och nach e klenge Bemoll bei der Policeschoul um Verluerekascht. Kloer brauch eis Police eng nei a besser Schoul! Mee hei muss een och soen, dass ech dann e bëssen enttäuscht sinn, dass erëm esou e grousst Gebai an d'Stad gebaut gëtt. Virun e puer Woche gouf am Kader vum Debat iwwert d'Entwécklung vun de ländleche Géigende vu Ministersäit hei am Parlament nach grouss geschwat, dass een natierlech wëllt Verwaltungen net nëmmen an der Stad usidelen, mee dezentaliséieren.

(Interruption)

Mee an dësem Fall alt erëm e Staatsgebai méi an der Stad. A wär dat da verkéiert gewiescht, dës Struktur an enger Gemeng vum Norden, Osten, Süde vum Land ze bauen?

Wou bei eis awer de Bauchwéi richteg ufänkt, dat ass de Projet vun der Spuer vum Covoiturage op der Autobunn A6. Hei hu mir Piraten konkret Problemer mam Projet, Problemer, déi och den ACL an aner Experten esou deelen. Jo, d'Belsch hunn et virgemaach an d'Pannespuer an engem Chantier vun zwee Joer an eng Carsharing- an Taxisspuer ëmgebaut. Ier mir hei awer wëlle mat vollem Iwwermutt de Projet weiderfuere, hätte mir gär gehat, dass mir emol gewaart hätten, fir kënnen Etüden aus dem Areler Land ze kréien, déi weisen, wéi een Impact dës Carsharing-Spuer op den Trafic huet.

Mir ginn ze bedenken: Eng Pannespuer ass net aus Blödsinn gebaut ginn. Stellt lech emol eng Rettungsgas vir ouni Pannespuer! Wou sollen déi Autoen hifueren, fir Plaz ze maachen? Do kënnt kee Pompeescamion, och keen Of-schleefwun vum ACL duerch. Wou haut d'Sécherheet an e schnellen Zougang méiglech sinn, wäert mat deem Projet an Zukunft déi Sécherheet verschwannen.

Dann: Wat geschitt bei engem Accident? Oft gëtt et Fäll, wou een net nach déi puer Meter oder Kilometer bis déi nächst Noutbuchtuere kann, an dann ass ee frou, wann een nach op der aktueller Pannespuer zum Stoe kënnt a soumat en Accident verhënnere kann.

Eisen Autobunnnsreseau huet am Verglach zum Ausland vill méi Op- an Offaarten. Doduerch ass dee Projet schwiereg ëmzesetzen, ouni d'Sécherheet op d'Spill ze setzen. Mir froen dofir, dass och weiderhin op all Autobunn eng Noutspuer bleift an een net d'Sécherheet vun den Automobilisten op d'Spill setzt.

De Covoiturage kann allgemeng mat méi digitale Léisunge méi attraktiv gemaach ginn. Firms wéi Über, BlaBlaCar oder Lyft hunn dat scho laang virgemaach a weltwäit benotze. Millioune Leit déi digital Léisungen, déi zu Lëtzebuerg nach net méiglech sinn, well d'Politik déi Servicer net wënscht.

Här President, wat eis awer och wichteg ass: Et dierf keen enteegent ginn, well de Staat entscheet, op sengem Terrain wëlle säi Projet ze

realiséieren, well wann ee bis ufänkt, systematesch Entteegnungen duerchzeféieren, mécht een eng Dier op, déi een ni méi zoukritt. Et wäert een dann ëmmer Argumenter fannen, fir Leit, déi hiert Liewe laang fir hire Besëtz geschafft hunn, deen duerno iwwert de Staat ewechzehuelen. Dat ass ee Wee, deen ee Staat wéi Lëtzebuerg, an eisen Aen, net dierf goen. Scho guer net mat enger liberaler Partei un der Spëtzt vun der Regierung!

Entteegnunge sinn e Verstouss géint de Prinzip vun der Fräiheet vun eise Bierger am Land.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Marc Goergen** (*Piraten*).- D'Recht op Eegentum gëtt domat op laang Siicht ausgehielegt.

Mir bleift ofschléissend ze soen, dass mir Piraten eis, wéi d'lescht Joer schonn, beim Vott vun der Motioun zu de ronn 30 Projeten enthalen. Et sinn e puer ganz flott Projeten derbäi. Mee mir wëllen net doduerch, dass mir dat hei am Block stëmmen, dofir pauschal Jo soen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, de Mobilitéitsminister a Minister zoustänneg fir d'Infrastrukturen, den Här François Bausch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Merci, Här President, fir d'Wuert an och merci den Deputéierte fir déi breet Zoustëmmung zu deenen Etüden, déi hei solle gemaach ginn. An dat bréngt mech dann direkt zum éischte Punkt, op d'Fro hi vum Här Kaes, deen hei gefrot huet, ob et net méiglech ass, fir am Kader vun där Debatt hei an der Virstellung vun de Projekte scho méi éischt finanziell Aperçuen ze kréien. Wouzou ech em wëll soen, datt dat jo natierlech net méiglech ass, well mir sinn hei eréischt am Stadium vum Accord de principe vun der Chamber, fir datt mer iwwerhaapt dierfen am Detail studéieren. Or, hei gëtt et just Iddien, grob Iddien um Blat. An natierlech, vu datt mer elo eréischt dierfen am Detail studéieren, kënnen mer dann och eréischt no an no erausfannen, wéi d'finanziell Envergure ass.

Ech halen näischt dovunner, fir einfach esou Schätzungschifferen ze avancéieren, well soss ginn ech herno en fonction vun deenen och jugéiert. Wann ech lech elo géif hei soen: „Deen do Projet kascht warscheinlech schätzungsweis, grob, x Milliounen“, da géif herno gesot ginn: „Ma deemools huet de Minister gesot, et géif esou vill kaschten, an et ass awer elo esou vill méi, oder esou vill manner“, mee meeschtens ass et éischter méi wéi manner, well mer d'Detailer dann eréischt kréien. An duerfir mengen ech, ass dat keng gutt Approche.

An iwwregens ass deemools déi Prozedur hei gewielt ginn aus zwee Grënn. Dat éischt, dat war natierlech, datt d'Chamber e Matsproocherecht kritt, schonn am Virfeld vun de Studien, wat d'Regierung ufänkt ze studéiere vu Projeten iwwer 10 Milliounen. An zweetens war dat awer och, fir datt natierlech eeben duerch de Fait, datt fir d'éischt Detailstudie gemaach kënnen ginn, déi dann zu engem APD féieren, datt mer dann der Chamber eppes kënnen presentéieren, entweeder iwwert d'Budgetgesetz oder iwwer e separat Gesetz, wann et iwwer 40 Milliounen geet, wat dann och méi seriö ass, a mer dann net ëmmer erëm déi Diskussioune kréien, wéi mer se fréier emol haten, wou dann ëmmer erëm huet missen iwwer Depassementer diskutéiert ginn.

Duerfir, ech géif lech et gär ginn, mee leider, vu datt dat eis nëmmen op deem Stadium net seriö méiglech ass, mengen ech, solle mer dat léiwer si loossen. Ech kann awer versteo, datt een natierlech de Wonsch huet, fir eng Aschtzung ze kréien.

Dann zu enger Rei Froen, déi gestallt gi sinn. Fir d'éischt emol déi Fro, déi gestallt ginn ass, ob fir de Covoiturage op de Pannespueren an iwwerhaapt de Covoiturage d'Zusammenarbecht leeft mat Frankräich a mat Däitschland. Mat Frankräich hu mer Gespräicher, fir op der A3, wou mir jo eng Spuer spezifesch fir de Covoiturage ausbauen, fir datt si dat op hirem Deel och solle maachen. Als Explikatioun: Op der franséischer Säit si mer nach wäit ewech vun iwwerhaapt enger Decisioun, fir eppes ze maachen. An duerfir wäert dat net esou einfach ginn. Mee prinzipiell ass a Frankräich awer éischter eng positiv Astellung zu deem Projet.

Mat Däitschland gëtt et nach net viles. Do muss een och soen, datt bei der Tréierer Autobunn mer nach vill Diskussiounen hunn, well déi jo bis hanner Tréier nach guer net fäerdeggestallt ass. Dat heescht, fir déi gëtt et souwiesou net esou einfach, fir iwwerhaapt iwwert den Ausbau ze diskutéieren, an duerfir sinn déi

Gespräicher do nach net ganz wäit fortgeschratt. Wat awer wichteg ass ze soen, dat ass, datt mir e besonneschen Drock hunn op den Autobunnen A6 an A3, an duerfir ass et natierlech gutt, datt mer do relativ séier virukomme mat de Gespräicher.

An natierlech maache mer och näischt hei, wat op d'Käschte vun der Sécherheet geet op der A6, well et ass jo eebe grad dowéinst, datt mer net einfach genau dat nammlechst maachen, wéi d'Belsch maachen, well mer eng aner Situation hunn an aner baulech Mesurë musse virhuelen, fir datt d'Sécherheet och an Zukunft garantéiert ass.

An ech wëll just dem Här Goergen soen, wann et esou einfach wär, wéi hien dat hei beschriwwen huet, datt een nëmme bräicht en digitale Knäppchen ze drécken an Uber a Blablaba, wéi se alleguer heeschen, aféieren an domadder wär d'Situatioun verbessert, da soen ech lech: Gitt emol an déi Länner kucken, wou Uber ganz vill fiert! Dat ass virun allem an de Vereenegte Staaten, an ech mengen, Dir sidd all mat mer d'accord, datt do d'Verkéierssituatioun alles aneres wéi blendend ass.

Duerfir kann elo kee mer dovun ziele kommen. Niewent allen aneren Aspekter, déi et bei Uber entre-temps gëtt, sinn déi an Zwëschenzäit vum Europäesche Gerichtshaff verklot ginn, vun x Richter inklusiv an den USA wéinst Sozialdumping an anere Saachen, an duerfir hunn ech e ganz gudd Grond, firwat ech esou eppes an deem Mooss net wëll einfach esou zouloossen zu Lëtzebuerg. Ech wëll kee Sozialdumping zu Lëtzebuerg.

D'Digitaliséierung muss gemaach ginn hei zu Lëtzebuerg am Äklang mat soziale Konditiounen, well soss ass et keng Digitaliséierung, vun där jiddweree profitéiert.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. François Bausch**, *Ministre de la Mobilité et des Travaux publics*.- Dat ass op alle Fall der Regierung hir Meenung. An dat wäert och hir Meenung bleiwen.

Da wollt ech och nach e puer Wuert soen zu der Policeschoul, well déi och vill ugeschwat ginn ass. Et ass esou, datt d'Policeschoul natierlech op deem Site do haut ass an ech och eigentlech frou sinn, datt mer eng Léisung fonnt hunn, fir datt se och do ka bleiwen. An ech kann och all déi berouegen, dat gëtt ganz an enker Ofspiroch gemaach mat de Leit vum Terrain, mat de Syndikater, mee och mat deenen, déi d'Policeschoul bedriewen, also déi d'Instructeuren do sinn.

A mir wäerten och eppes do bauen, wou eng Sportshal derbäikënn. Et ass net eng hallef Sportshal, mee eng ganz virgesinn. Dat Eenzezt, wou mer vläicht Synergie sichen, dat ass bei Schwämmen, well Schwämme sinn opwändeg ze bauen. A mir hunn awer an deem Eck ronderëm vill Schwämmen. Do wäerte mer dat fannen.

Et ass och esou, datt an der Policeschoul selwer d'Schwammen déi Sportsart ass, déi elo net am meeschte gebraucht gëtt. Wat vill méi wichteg ass, dat ass, datt se wierklech eng gutt Sportshal hunn, oder Kampfsportaarten zum Beispill, fir déi ze instruéieren. Mee do geet och déi normal Sportshal duer. Alles dat wäert do um Terrain virgesi sinn.

Et ass och esou, am Moment ass de Musée och mat 750 Meterkareen do geplangt. Ech verheemlechen lech awer net, et gëtt och nach aner Diskussiounen de Moment, fir Synergien ze siche mat aneren, änleche Muséen, déi Der och zum Deel ugeschwat hutt, op anere Plazen. An ech wär net rosen doriwwer, wa mer déi 750 Meterkareen do och zousätzlech nach fir d'Policeschoul krite. Dat géif eis sécherlech nach méi Raum ginn. D'autant plus, wou mer an deenen nächste Jore vill Poliziste wäerten astellen an doduerjer och d'Schoul natierlech méi belaauscht wäert sinn, wéi dat nach haut de Fall ass.

Mee et ass awer alles virgesinn. Mir wëllen hei eng Léisung sichen, déi éischstens zentral läit, do, wou déi meeschten Haaptsiëgen och si vun der Police. Ech mengen, et kënnt drop un, datt mer eebe grad mat der Policeschoul net kräiz a queesch dauernd duerch d'Land musse fuere an datt dat zentral läit. An duerfir, mengen ech, ass déi dote Plaz eng ganz gutt. A mir hunn och eigentlech Plaz genuch do, fir datt mer kënnen eppes Uerdentlech esou op där Plaz bauen.

Da wollt ech nach e puer Froe beäntweren. Enfin, loosse mer soen, ech wollt am Fong éischter matdeelen, datt ech se net ka beäntweren. Dat ass beim David Wagner. Den Här Wagner huet jo e puer Froe gestallt. Dat éischt



ass d’Postgebai. D’Postgebai, dat ass net am Besëtzt vum Staat. Dat ass d’Post selwer. Ech mengen, dat mussst Der de Postminister eng Kéier froen. Ech hunn do mat deem Projet elo direkt als Baute-minister näischt ze dinn.

Beim Waldhaff wollt ech drop insistéieren, datt d’Renovatioun vum Waldhaff näischt mam Accident ze dinn huet. Dat war geplangt laang vir-drün. Dat war ee vun deenen éischte Projeten. Ech hat zwee Projeten, déi ech ganz fréizäiteg ugaange sinn als neie Minister vun der Defense - ech hunn d’Chance, och natierlech nach Baute-minister ze sinn, dat hëlleft engem an deem heite Fall e bëssen -, datt ech gesot hunn: De Waldhaff an och de Schéissstand, dat musse mer wierklech komplett ëmgestalten, aus villfältege Grënn. Mee, wéi gesot, beim Waldhaff huet dat kee Lien, wierklech net, mam Accident.

An ech muss lech och éierlech soen: Déi Enquête ass jo nach net ofgeschloss! Ech weess net, ech wëll guer net, an dat steet mer och guer net zou, hei iergende Jugement ofginn, also wat d’Grënn vum Accident waren. Mee op alle Fall, de Projet war laang vir-drü geplangt. Deen huet näischt domadder ze dinn. Duerfir, dat ass awer kloer.

An dann déi Structure d’accueil. Ech mengen déi, déi jo op der Areler Strooss elo geplangt ass, dat ass haaptsächlech den Ersatz fir d’Logopedie, déi mer jo musse fräi maachen, well do jo ofgerappt gëtt an den neie Lycée pour professions de Santé soll gebaut ginn.

Och do muss ech soen, Dir hutt eng Rei Froe gestallt, déi méi de Fonctionnement betreffen. Do wär ech frou, wann Der den Immigration-minister dat frot, wann deen eng Kéier an der Kommissioun ass, well ech wëll net op deenen aneren hiren Terrain goen, wou ech mech net genuch auskennen, an ech loosse léiwer déi Ministeren dat selwer beäntweren.

Dat nach eng Kéier gesot, merci fir déi breet Zoustëmmung. An dann hoffe mer effektiv, wéi jiddweree bal hei gesot huet, datt déi Baute-projeten hei och kënnen derzou bäidroen, datt mer am Kader vun der No-Coronakris mathëlen, de Bausecteur ze beschäftegen. An dann nach selbstverständlech wollt ech dem Här Back e grouse Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Den Här Goergen freet nach d’Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här Bausch, fir Är Reaktioun op déi digital Plattformen. Ech weess elo net, wou Der do op de Sozialdumping kommt, well eng sozial Plattform fonctionéiert jo esou, dass do eng Dénsgchtleeschung ugebuede gëtt. Dat ass änlech wéi en App Store oder Amazon Marketplace, zwou Firmen, déi zu Lëtzebuerg akzeptéiert sinn. Elo am Moment och an engem App Store gesitt Der net, wéi do herno d’Konditiounen sinn. Bei deene Plattformen, déi mir ugeschwat hunn, ass et esou, dass ee sech herno als Independant umellt, wéi dat bei Coiffeuren oder ganz anere Beruffer och de Fall ass, an deementspriedend herno Uber oder aner Firme sech géifen e ganz kleng Prozentsaz vun där Faart ewechhuelen.

Wéi kommt Dir do op d’Meenung, dass dat Sozialdumping ass, well jiddweree sech jo do ganz normal bei de soziale Keesen an iwwerall zu Lëtzebuerg géif umellen a seng Dénsgchtleeschung umellen, änlech wéi an engem App Store oder enger Amazon Marketplace?

► **M. François Bausch, Ministre de la Mobilité et des Travaux publics.**- Wann Der lech sëtzt, da ginn ech lech och ganz gär eng Äntwert op Är Fro. Ech sinn erstaunt doriwwer, datt Dir dat do hei sot an d’Urteeler net liest, déi et vum Europäesche Gerichtshaff gëtt oder vun englesche Gerichter, amerikanesche Gerichter. An ech sinn och erstaunt, datt Der nach ni eppes vu Scheinselbstständigkeit héieren hutt. Dat schénge lech e Friemwuert ze sinn! Mee dat gëtt et, Här Goergen, kann ech lech soen! An Uber bedreift dat, bewisenermoossen, massiv!

An den Europäesche Gerichtshaff huet e kloert Urteel geholl a gesot, datt déi Leit kloer e kontraktuell Verhältnis hu mat Uber, well zum Beispill Uber hinnen 30 % ofknäppt vun hirem Revenu, wa se dann op där Plattform sinn. An duerfir wëll ech lech soen, datt et do kloer gerichtlech Urteeler gëtt. An duerfir ass et och relativ kloer, datt vun dem Europäesche Gerichtshaff verlaangt ginn ass, datt, vu datt se e kontraktuell Verhältnis hunn, zum Beispill d’Sécurité sociale misst bezuelt ginn, d’Steiere misste bezuelt ginn, wéi dat normal ass, wann een e kontraktuell Verhältnis huet.

Et ass net esou, datt Uber just eng Plattform ass an do iergendwellech liberal engagéiert Chauffere géife fir Uber fueren. Wann dat esou wär,

da géif et déi Gerichtsurteeler net ginn. Mee wann Dir déi Gerichtsurteeler natierlech a Fro stellt, dat läit an Ären Hän. Ech huelen déi ganz seriö. An duerfir hätt ech och gär, datt mer zu Lëtzebuerg, wa mer esou Saachen aféieren an esou Plattformen, do sinn ech absolut derfir, dann hätt ech gär, datt dat a sozial geuerdnete Verhältnisse agefouert gëtt.

Merci.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Wann ee sech un d’Gesetzer hält!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Mobilitéets- an Infrastrukturminister François Bausch.

D’Diskussioun ass domat ofgeschloss. Mir kommen elo zum Vott iwwert déi Motioun, déi deposéiert ass ginn. Ech wollt drop hiweisen, datt den noutwendige Quorum, fir de Vott kënnen ze maachen, ginn ass.

Vote sur la motion 1

Kënne mer dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wien d’accord ass mat dëser Motioun, dee soll d’Hand an d’Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

(La motion n° 1 de M. Carlo Back est adoptée à main levée par les députés présents dans les trois salles. M. le Président vérifie le vote à main levée des députés présents dans les salles 1-2 et 4-5 sur l’image vidéo retransmise en direct des deux salles.)

Dës Motioun ass dann domadder mat 51 Jo-Stëmme bei kenger Enthaltung, ...

(Interruption)

... - bei zwou Enthaltungen - ...

(Interruptions diverses et concertation interne)

... mat 49 Jo-Stëmmen an 2 Enthaltungen ugeholl.

6. 7536 - Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 4 décembre 1990 portant organisation du service des huissiers de justice

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour, dat ass de Projet de loi 7536 iwwert d’Organisatioun vum Service vun den Dierwiechter. D’Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gloden, den Här Arendt, den Här Biancalana, den Här Kartheiser, den Här Wagner an den Här Goergen.

D’Wuert huet elo den honorabelen Här Charles Margue als Rapporteur vun dësem Projet de loi. Här Margue, Dir hutt d’Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

► **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleegen a Kolleeginnen, als Schluss vun eisem Ordre du jour presentéieren ech lech elo de kuerze Projet de loi 7536. Ëm wat geet et? Eng Modifikatioun vum Artikel 24 vum Gesetz vum 4. Dezember 1990 iwwert d’Organisatioun vum Service des huissiers de justice, d’Gesetz iwwert den Dierwiechteren hir Organisatioun zu Lëtzebuerg.

Et geet hei drëms, en Huissier de justice, deen temporairement verhënnert ass, méi einfach kënnen ze ersetzen. Dat heescht, am Fall vu Krankheet oder Congé vum Dierwiechter muss hie kënnen ersat ginn, schnell an onkomplizéiert, fir dass d’Ausféierung vu ville Justizdecisiounen net onméiglech oder op d’mannst ze vill schwierig gëtt.

De Projet gouf dësen 20. Mäerz vun der Justiz-ministesch Sam Tanson deposéiert an eng éischte Kéier moies de 27. Mäerz an der Chamberskommissioun presentéiert an diskutéiert.

Den Avis vum Staatsrot gouf dee selwechten Dag am Nomëtteg publizéiert. Dir gesitt, mir schaffen hei ewell moies a mëttes, successiv, ...

(Brouhaha)

... wat d’Depoten ugeet an d’Avisen ugeet.

Et ass eng Ännerung, déi zwar elo duerch d’Kris-situatioun besonnesch urgent ginn ass, well och hei natierlech d’Personal ka krank ginn, a Quarantän muss bleiwen oder zum Beispill, wéi esou vill Leit de Moment, doheem muss bleiwen, fir no de Kanner oder behënnerte Leit ze kucken.

Mee et ass awer och eng Ännerung, déi iwwert de momentanen Urgencezustand eraus duerchaus sënnvoll ass, esou wéi de Conseil d’État dat och a sengem Avis festgehalten huet. Duerfir maache mer dës Ännerung elo iwwer e

Gesetz an net just iwwer e Règlement grand-ducal, fir dass se no der Kris och nach weider Bestand huet.

Wat ännert? Wann e Huissier de justice temporairement indisponibel ass, ass et an Zukunft méiglech, dass de President vun der Chambre des huissiers de justice kann en Ersatz aus engem aneren Arrondissement designéieren, wann am betreffenden Arrondissement keen Ersatz disponibel ass. Bis elo war een do op den eegenen Arrondissementebesizek also limitéiert. Dëst ass besonnesch fir den Dikrecher Arrondissement wichteg, well mer do just dräi Huissieren hunn.

A sengem Avis dunnt huet de Staatsrot bemierkt, dass et sënnvoll wär, dass d’Zoustännegkeet vun de Huissiers de justice an Zukunft net méi soll op déi territorial Andeelung vum Dikrecher a Lëtzebuerg Arrondissement opgedeelt ginn, mee dass et just nach géif eng Zoustännegkeet gi fir dat ganz Land. Dëse Passus huet dunnt d’Kommissioun och extra an de schrëftleche Rapport den 1. Abrëll nach opgeholl.

Fir de Moment bleift et awer bei dëser Iwwerleeung. Dat war och Konsens an der Kommissioun gëschter Moien. Derbäi kënnt, dass et och am Koalitiounsprogramm net virgesinn ass, do eng Ännerung ze maachen.

Ech froen Är Zoustëmmung zu dësem Projet a ginn och an engems den Accord vun der grénger Fraktioun. Ech schléissen heimat mäi mëndleche Rapport a soe jiddwerengem Merci, deen un den Aarbechte bedeelegt war zu dësem Projet de loi, um Ministère, an der Chamber, an der Fraktioun, a merci dem Staatsrot fir seng Analys a seng Propositionen, an natierlech och de Kolleegen aus der Kommissioun fir eis interessant Diskussiounen.

An do wëll ech just nach drop hiweisen, wat gëschter Moien als Element an der Kommissiounssitzung opkomm ass. Dat ass d’Fro, wa mer dann d’Bezieker géifen opléise bei den Dierwiechteren an d’Land als e Ganzt géife behandelen, ee Bezieker, ob dat dann net och eng Ännerung géif mat sech zéie bei der Organisatioun vun den Affekoten, ob mer dann nach zwou Barreaux hätten oder just ee Barreau.

► **M. Gilles Roth (CSV).**- Ass dat Är Meenung?

► **M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur.**- Dat war eng Iwwerleeung, déi gemaach ginn ass. D’Fro bleift op. Dofir soen ech lech Merci.

(Interruptions et hilarité)

Voilà! Da froen ech lech ëm d’Zoustëmmung fir dëse Rapport. Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Margue.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. D’Gesetz iwwert d’Huissiere gesäit haut zwou Méiglechkeete vir, fir een ze ersetzen, engersäits am Artikel 12 eng Prozedur iwwert de President vum Tribunal d’arrondissement, an dann ass déi zweet Méiglechkeet den Artikel 24, deen elo hei geännert gëtt.

Mir hunn an der Kommissioun doriwwer geschwat, ob een opgrond vum Artikel 12 misst den Artikel 24 änneren, a sinn zur Schlussfolgerung komm, datt dat appropriéiert wier.

Den Artikel 24 huet ee kleng Bemoll. Dat ass awer net de Feeler hei vum Haus oder vun der Justizministesch, mee dat ass eng Saach vun Organisatioun bei den Huissieren, well do steet eeben, datt de President an Zukunft de Remplaçant designéiert. Wat ass, wann de President net à même ass, nach sech ze expriméieren - well bei den Huissiere gëtt et keng Vizepresidenten? Mee dat mussen dann d’Huissieren an hirer Organisation interne och le cas échéant upassen.

Déi Fro ass pertinent vum Staatsrot gestallt ginn. An ech hat och gebieden, dass dee Passus an de Rapport géif mat agefüügt ginn, wat och gemaach ginn ass. D’Coronakris, gëtt jo ëmmer gesot, ass d’Méiglechkeet, fir eng Kéier iwwer säi Schiet ze sprangen.

Ech erënnere drun, datt am Notariat an den 80er-Jore d’Territorialbegrenzung leviéiert gi sinn. Haut kann en Nottär vun Esch zu Wolz en Akt maachen an ee vu Wolz een zu Esch maachen. Ech mengen, bei den Huissiere wier dat och eng Iwwerleeung wäert. Dat hätt vläicht Repercussiounen op de Barreau. Mir wëssen all-euer, datt de Barreau do un deenen zwee Barreaue wëll festhalen. Mee, wéi gesot, d’Coronakris ass vläicht d’Chance, fir och eng Kéier Iwwerleeungen doriwwer ze maachen, iwwer Pro a Contra.

Merci. An d’CSV gëtt den Accord zu dësem Projet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Gloden.

An da wier et um honorabelen Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt (DP).**- Merci, Här President. Ech géif och dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. Ech ginn am Fong e bëssen an déi selwecht Richtung wéi de Léon Gloden, fir ze soen: Dat heiten ass vläicht d’Geleeënheet, fir awer een Territoire fir d’Huissieren anzeféieren. An da weess ech, dass ech, virun enger 14 Joer, nee virun enger Partie Joren, dach 14 sinn et der, emol dat och schonn eng Kéier lancéiert hat, fir een eenzege Barreau ze kréien. Dat ass op Widerstand gestouss. Mee d’Zäiten änneren. Vlächte kréie mer dat och nach eng Kéier hin.

Ech ginn awer och den Accord vun der DP-Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Arendt.

A mir fuere viru mam honorabelen Här Dan Biancalana.

► **M. Dan Biancalana (LSAP).**- Merci, Här President. Ech wëllt och vun dëser Plaz hei dem Rapporteur, dem Charles Margue, Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen, déi Modifikatiounen, déi mer hei am Projet de loi virleien hunn, déi wäerten natierlech d’Remplacementen vun den Huissiere méi flexibel an och méi einfach maachen. Et ass also eng utile Modifikatioun hei vum besteeënde Gesetz, wat och dann d’Exekutioun vun de Missiounen vun den Huissieren ugeet, notwithstanding Diskussiounen, déi kënnen weitergefuert gi ronderëm d’Fusioun vun den zwee Arrondissementen.

Duerfir ginn ech op dëser Plaz och den Accord vun der LSAP-Fraktioun. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Biancalana.

An de Relais iwwerhëlt direkt den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, Här President, och just, fir Merci ze soe fir de Rapport an och eis Disponibilitéit hei ze signaléieren, datt mer och bereet sinn, iwwert déi Fro vun der territorialer Opdeelung ze diskutéieren, op jidde Fall emol wat d’Huissieren ugeet. Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kartheiser.

An da wier et um honorabelen Här David Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Jo, merci, Här President. Merci och dem Rapporteur Charles Margue fir säi Bericht. An ech ginn och d’Averständnis vun der politescher Sensibilitéit déi Lénk.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Marc Goergen (Piraten).**- Merci, Här President. Haut diskutéiere mir iwwer eng kleng Ännerung am Gesetz ronderëm d’Dierwiechter, fir hinnen d’Aarbecht ze erliichteren. D’Berufsgrupp vum Huissier de justice huet per Gesetz d’Aufgab, fir Riichterentscheedungen duerchzesetzen an offiziell Akten ze produzéieren.

D’Leit am Land verbannen d’Aufgab vum Dierwiechter awer och virun allem mat deem vum Geldandriewer. Et ass déi Aufgab, déi bei de Leit am Land wuel déi bekanntsten ass, wann d’Dierwiechter virun der Dier stinn a schellen, fir Geld sichen ze kommen.

Mir Piraten hannerfroen ganz kritesch, ob elo an enger Krisenzäit nach sollen d’Dierwiechter erausgoe bei d’Bierger, déi aktuell vläch selwer kee Salaire kréien an och soss finanziell Problemer hu während der Kris, guer net ze schwätze vun de sëlleschen Independanten, déi elo an der aktueller Kris ëm hir privat Existenz fäerten, well déi aktuell Hëllef einfach net duerginn oder si guer keng Hëllef kréien.

Wéisou net fir kleng Scholden do elo eng Toleranz gi während der aktueller Situatioun, fir dass kee vun de Betraffenen nach méi ënner finanziellen Drock geréit?

Mam Text vum Gesetzesprojet hu mir Piraten kee weidere Problem, fir dem Dierwiechter op deem Punkt entgéintzekommen, wann d’Qualitéit vum Service stëmmt.

An do komme mir op de Punkt, wou et vereenzelt Problemer gëtt!

Et ass esou, dass et virkënt, dass vereenzelt Dierwiechter a Fäll beim Andriew vu Geld